

Gemengebuet 01/2024



Heures d'ouverture

Lundi : 08:00 - 14:00

Mardi : 08:00 - 11:30 & 13:00 - 18:30 / 16:00 - 18:30 (seulement Bureau de la population/État civil)

Mercredi-vendredi : 8:00 - 11:30 & 13:00 - 16:00

Collège des bourgmestre et échevins T. 35 01 13-1 Claude MARSON , <i>bourgmestre</i> Serge EICHER , <i>échevin</i> Andrew KISER , <i>échevin</i>	Relations publiques, Réservations T. 35 01 13-284 / -283 relations.publiques@schuttrange.lu Philippe LENTZ Andy WEBER	Maison Relais, Crèche T. 35 98 89-371 GSM 621 154 707 F. 35 98 89-379 Schëtter Jugendhaus T. 26 35 07 90 / F. 26 35 07 91
Conseillers communaux Jean-Marie ALTMANN Nora FORGIARINI Jean-Pierre KAUFFMANN Annemarie NAGEL Jules SAUBER Serge THEIN Paul THEISEN Nicolas WELSCH	Service de l'environnement et de l'énergie T. 35 01 13-260 / F. 35 01 13-249 Daniel FLIES Service Urbanisme T. 35 01 13-260 / F. 35 01 13-249 Tania VELEZ , <i>chef de service</i> Cédric NÉRÉ	Recycling Center T. 34 72 80 / F. 34 72 81 Sias – Ëmwelt- an Naturschutzsyndikat T. 34 94 10 -1 www.sias.lu
Accueil T. 35 01 13-1 / F. 35 01 13-259 Natascha PARAGE-KIMMEL	Service technique T. 35 01 13-240 / F. 35 01 13-249 servicetechnique@schuttrange.lu Daniel PACIOTTI , <i>chef de service</i> Rodrigo CLAUDIO Victor NEUMANN Michel SCHOMMER Paul SCHUMMER Daniel GIALLOMBARDO , <i>agent municipal</i>	Centre forestier Pit LACOUR , <i>préposé-forestier</i> T. 247 - 56694 / 56688 GSM 621 202 102
Secrétariat T. 35 01 13-220 / F. 35 01 13-229 secretariat@schuttrange.lu Alain DOHN , <i>secrétaire communal</i> Annick GUT Joëlle HUBERTY Robert MANNES Ranjit NEUMAN	Atelier technique T. 35 01 13-262 / F. 34 17 51	Office Social Ieweschte Syrdall T. 27 69 29-1 Service de médiation de voisinage GSM 621 673 648 mediation@schuttrange.lu
Bureau de la population, État civil T. 35 01 13-250 / F. 35 01 13-259 population@schuttrange.lu Vincent NICLOU , <i>chef de service</i> Barbara CASH Ronny LUX	Enseignement T. 35 98 89-320 F. 35 98 89-398 Joëlle MAX , <i>présidente du Comité d'école</i> Steve BACK , <i>service scolaire</i>	Syrdall Heem Asbl Aide et soins à domicile, centre du jour T. 34 86 72
Recette communale T. 35 01 13-230 / F. 35 01 13-239 recette@schuttrange.lu Mireille REDING , <i>receveur communal</i>	Service Concierges T. 35 98 89-340 / F. 35 98 89-359 Oliver PLEYER , <i>chef de service concierges</i>	Police T. 113
Service financier, Facturation T. 35 01 13-230 / F. 35 01 13-239 facturation@schuttrange.lu Florian ALTMANN Laurent HARTZ Cécile STRONCK	Accueil Campus T. 35 98 89 -340 campus.accueil@schuttrange.lu	Police - Commissariat Syrdall T. 244 78 1000 Appel d'urgence T. 112

Permanence les week-ends et jours fériés Eau : T. 35 01 13-298



Gemengerot vum 25.10.23, 29.11.23, 13.12.23, 31.01.24 & 28.02.24 **4**
Conseil communal du 25.10.23, 29.11.23, 13.12.23, 31.01.24 & 28.02.24 **26**
Local council meeting 25.10.23, 29.11.23, 13.12.23, 31.01.24 & 28.02.24 **47**



Offiziell Informatiounen
Informations officielles
Official informations **69**



Klimapakt
Pacte climat
Climate pact **70**



Projete vun der Gemeng
Projets de la commune
Projects of the commune **88**



Aktivitéite vun der Gemeng
Activités de la commune
Activities of the commune **94**



Veräinsliewen
Vie associative
Association activities **124**



Manifestatiounskalenner
Calendrier des manifestations
Calendar of events **136**



LU

Sëtzung vum Gemengerot 25.10.2023

Den Här Buergermeeschter Claude MARSON heescht Wëllkomm zu der 8. Sëtzung vum Gemengerot vum 2023.

Den Här Buergermeeschter informéiert datt de Conseiller Jules SAUBER per Visiokonferenz um Gemengerot deelhält an dem Conseiller Serge THEIN d'Procuratioun ginn huet fir a sengem Numm ofzestëmmen.

Des Weideren deelt den Här Buergermeeschter mat datt den öffentleche Vott an dëser Sëtzung mat der Ofstëmmung vum Här Serge EICHER ufänke wäert.

Dono informéiert den Här Buergermeeschter iwwert d'Evenementer déi zanter der leschter Gemengerotssëtzung am Juli stattfonnt hunn:

- Den 8. Oktober hunn d'Nationalwale stattfonnt, an de Buergermeeschter seet alle Leit, déi an de Walbüroen involvéiert waren a beim Ausziele vun de Stëmme matgeholfen hunn, häerzlech Merci;
- De 14. Oktober huet de leschte Schëtter Maart stattfonnt, eng Veranstaltung déi vun der Kulturkommissioun encadréiert gëtt. De selwechten Dag gouf och de Commemoratiounsday gefeiert, wou politesch Representanten a Bierger de Victime vum zweete Weltkrich geduecht hunn;
- De 15. Oktober huet d'Amicale vun de Pompjeeë vu Mënsbech a Schëtter e Buffet organiséiert;
- Den 18. Oktober huet eng Aarbechtssëtzung mam Gemengerot am Chalet Stippi stattfonnt, wou de Fierschter de Plang fir d'Gestioun vun de Gemengebëscher presentéiert an op Froe vun de Conseiller'e geäntwert huet. Hien huet och interessant Informatiounen iwwer seng Haaptmissiounen geliwwert, illustréiert mat praktesche Beispiller direkt am Bësch;
- Den 21. Oktober huet de Cabaret „Et wor e Léiweckelchen“ stattfonnt, organiséiert vun der Kulturkommissioun fir den 200. Anniversaire vum Dicks.

Des Weideren informéiert de Buergermeeschter, datt de Schäfferot Reunione mat allen neie berodenden Kommissiounen hat, dëst en vue vun der Nominatioun vun hire President(-innen) a Sekretäre, sou datt se kënnen schnell mat hiren Aktiounen a Programmer ufänken.

Dono huet den Här Buergermeeschter nach ee Rekapitulatif vun de verschiddeenen Evenementer gemaach, déi nach ustinn:

- De 26. Oktober fënnt eng Generalversammlung an der Residenz 50+ „Ënnert der Haart“ statt, un där d'Gemeng och als Besëtzer vu 4 Appartementer deelhält. De selwechten Dag gëtt och eng Informatiounsversammlung vum SIAS-Syndikat am Kulturzentrum zu Mënsbech ofgehalen, dëst en vue vun der Designatioun vun enger neier Kommissioun an der Nominatioun vun de neie Membere vum Büro an dem President vum Syndikat.
- Den 28. Oktober 2023 ass dann den Halloweenbal am Kulturzentrum zu Mënsbech;
- De 5. November gëtt den „Dag vum 3. Alter“ gefeiert, deen d'Gemeng zesumme mat der Amiperas organiséiert fir d'Biergerinnen an d'Bierger vun 80 Joer a méi ze éieren.

- De 7. November fënnt d'Iwwerrechung vun de Schecke statt, déi während dem Nationalfeierdag 2023 gesammelt goufen. De Buergermeeschter füügt dobäi, dass spéider an der Sëtzung d'karitativ Associatiounen zur Ofstëmmung gestallt ginn;
- Den 11. November ass de nächste Schëtter Maart, souwéi den „Intergenerationellen Dag“;
- De 15. November ass eng Aarbechtssëtzung mam Gemengerot geplangt, an där d'Resultater vum Audit iwwert d'Gemengepersonal analyséiert gëtt;
- De 16. a 17. November gëtt bei enger Zeremonie bei Basel d'Schëtter Gemeng mat dem „Gold“-Zertifikat vum Klimapakt ausgezechent;
- Den 29. November ass de nächste Gemengerot, wou de Budget fir d'Joer 2024 virgestallt gëtt.
- De 6. Dezember ass eng Aarbechtssëtzung mam Gemengerot an der Bautekommissioun virgesi fir eng punktuell Ännerung am PAG an am PAP „QE“ ze presentéieren.
- Den 13. Dezember ass déi lescht Gemengerotssëtzung vun 2023, wou ënner anerem iwwer de Budget 2024 ofgestëmmt gëtt, deen am Virus presentéiert gouf.

All dës Evenementer kënnen och um Kalenner um Site vun der Schëtter Gemeng nogekuckt ginn.

Dono huet de Buergermeeschter déi folgend Punkten erwänt:

- D'Gemeng huet d'Zouloossung vun der Maison Relais krut, fir d'Gebai „Pavillon Cadolto“ als Kantin an als Empfangsstruktur fir d'Schoulkanner ze benotzen, well d'aktuell Kapazitéit vun der Maison Relais net méi duergeet.
- Wat de Bauprojet vu 4 jumeléierten Eefamilljenhaiser an der Rue des Jardins zu iwwersiren ugeet, ass d'Soumissiounsphase ofgeschloss an d'Gemeng waart op hir Evaluatioun, déi Mëtt November ofgeschloss soll sinn. D'Haiser, déi nach net gebaut sinn, ginn als „clé en main“ an op Basis vun engem Ierfpachtvertrag vun 99 Joer verkaaft. Aktuell gëtt e Flyer mat enger Beschreibung vum Projet an den Zoustellungsskrittären an der Gemeng verdeelt, iwwer deen déi Interesséiert hir Ufro stelle kënnen.
- Den 18. November fënnt, am Kader vum „Dag vum Bam“, eng kleng Inauguratioun vun der reamenagéierter Uferzone lanscht d'Syr an der Rue de Canach statt.

Dunn huet den Här Buergermeeschter dem Conseiller Jean-Marie ALTMANN d'Wuert ginn fir ze informéieren iwwer:

- eng éischt Sëtzung vum Komitee vum Syndikat Minett-Kompost. Op der Dagesuerdnung stoung ënner anerem d'Wiel vun de Presidenten an de Membere vum Büro. Mat Bléck op Kontinuitéit fir déi nächst 6 Joer gouf entscheet, de fréiere President erëm ze ernennen.

Zum Schluss informéiert den Här Buergermeeschter iwwer een zousätzleche Punkt op der Dagesuerdnung, ënner dem Punkt 3.3, nämlech:

- d'Adoptioun vun engem Projet fir d'punktuell Ännerung am PAP „QE“ „rue de Neuhaeusgen“ zu Schëtter, am Kader vun der punktueller Ännerung am PAG vun der Gemeng Schëtter bezüglech d'Verréckele vun de Limitten tëscht HAB-1 (NQ), HAB-2 (NQ) an MIX-V (QE) am lieu-dit „In der Acht Nord“ zu Schëtter.

An dësem Kontext erkläert de Buergermeeschter, dass d'Gemengeservicer de Projet fir d'punktuell Ännerung eréischt den 23. Oktober kritt hunn. Well déi zwou Ännerungen am PAP an am PAG mat dem selwechte Projet fir d'Lotissement PAP „In der Acht Nord“ zesammenhängen, huet de Schäfferot entscheet, dass et nützlich a logesch wier, déi Punkten 3.2 an 3.3 zesummen ze presentéieren.

1.

Politik

1.1. Diskussioun iwwer den Aktivitéitprogramm vum Buergermeeschter a Schäfferot

No de Gemengewale vum 11. Juni 2023 hält de Gemengerot Kenntnis vun den Observatiounen iwwer den Aktivitéitprogramm vum Buergermeeschter a Schäfferot fir d'Legislativperiod 2023-2029, sou wéi en de 27. September 2023 an der Sëtzung vum Gemengerot presentéiert gouf.

Méi ausféierlech Informatiounen iwwer dëse Programm sinn am Gemengebuet ze fannen, deen un d'Stéit verdeelt gouf an op der Homepage vun der Gemeng disponibel ass.

2.

Ëmwelt an nohalteg Entwécklung

2.1. Klima-Pakt - Presentatioun vum Bilan fir d'Joer 2022

Am Kader vum „Klima-Pakt 2.0“, deen an der Sëtzung vum Gemengerot vum 14. Juli 2023 ugeholl gouf, presentéiert den Här Yves Moecher vun der Firma PROgroup de Membere vum Gemengerot de Bilan fir d'Joer 2022.

Deemno hält de Gemengerot Notiz vum Bilan vum Klima-Pakt fir d'Joer 2022, sou wéi vun de Bemierkungen, déi vun de Membere vum Gemengerot zu deem Bilan gemaach goufen.

2.2. Approbatioun vun enger Offer fir d'Installatioun vun enger energiespuerender Belichtung

Den 13. Juli 2022 huet de Gemengerot en neit Konzept fir d'öffentlech Belichtung festgehalen.

Doropshi proposéiert de Buergermeeschter a Schäfferot d'Installatioun vun enger energiespuerender Belichtung op folgend Plazen an der Gemeng:

- zu Schraasseg op de Plaze „Schlassgewan“, „Fussebuer“ an „Äppelwee“;
- zu Mënsbech um Parking vum FC Mënsbech, um Schoulcampus „An der Dällt“ an och op dem Wee tëscht dem Schoulcampus an der rue des Champs;
- zu Iwwersiren am „Waasserfeld“;
- zu Schëtter um Kiercheweie an tëscht der Kierchplaz an dem Kierfecht;

Op Grond vun de presentéierte Pläng an Dokumenter entscheet de Gemengerot eestëmmeg d'Offer fir d'Installatioun vun enger energiespuerender Belichtung, déi den 18. Oktober 2023 vum technesche Service op 165.000,00 € TTC beziffert gouf, ze approvieren.

2.3. Presentatioun vun der Studie iwwer d'Installatioun vu Photovoltaikspanneue'ën um Schoulcampus „An der Dällt“ zu Mënsbech an Approbatioun vun enger zougehéireger Offer

Am Kader vum Klima-Pakt huet de Gemengerot op senger Sëtzung vum 22. September 2022 d'Richtlinien „Leitbild 2030 - nohalteg Entwécklung“ ugeholl.

An deem Kontext wëll de Buergermeeschter a Schäfferot Photovoltaikspanneue'ën um Schoulcampus „An der Dällt“ zu Mënsbech installéieren loossen.

Doropshi entscheet de Gemengerot eestëmmeg d'Offer fir d'Installatioun vu Photovoltaik Panneau'ën um Schoulcampus „An der Dällt“, déi den 18. Oktober 2023 vum technesche Service op 315.000,00 € TTC beziffert gouf, ze approvieren.

3.

Urbanismus

3.1. Punktuell Ännerung vum grapheschen Deel vum PAG vun der Gemeng Schëtter, déi d'Ëmklasséierung vun enger kommunaler Zone d'activité économique (Typ 1 - ECO-c1) an eng Zone verte (zone agricole - AGR) zu Iwwersiren am Lieu-dit „Fetschefeld Nord“ proposéiert – Appell un de Gemengerot an Decisioun fir keng Ëmwelt Evaluatioun ze maachen

Op Grond vum Dossier, dee vum Urbanismusbüro Zilimplan s.à r.l. vu Contern presentéiert gouf, entscheet de Gemengerot eestëmmeg e positiven Avis fir déi punktuell Ännerung vum Plan d'aménagement général (PAG) vun der Gemeng Schëtter, betreffend d'Ëmklasséierung vun enger kommunaler Zone d'activité économique (Typ 1 - ECO-c1) an eng Zone verte (zone agricole - AGR) zu Uebersyren am Lieu-dit „Fetschefeld Nord“, ze gin, a fir op Basis vum Avis vum 17. Oktober 2023, Ref. 107139/PS vum Minister fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung, keng Ëmwelt Evaluatioun laut Richtlinn vun den Artikele 4 bis 10 vum Gesetz vum 22. Mee 2008 iwwer d'Evaluatioun vun den Impakter vu verschiddeenen Pläng a Programmer op d'Ëmwelt duerch ze féieren.

3.2. Adoptioun vun enger punktueller Ännerung vum Plan d'aménagement general vun der Gemeng Schëtter, betreffend d'Verréckele vun den Delimitatiounen tëscht HAB-1 (NQ), HAB-2 (NQ) an MIX-V (QE) am Lieu-dit „In der Acht Nord“ zu Schëtter

Ënner dësem Punkt entscheet de Gemengerot eestëmmeg de Projet vun der punktueller Ännerung vum Plan d'aménagement général vun der Gemeng Schëtter bezüglech Terrain'ën zu Schëtter am Lieu-dit „In der Acht“, ageschriwwen am Gemengekadaster, Sektion A vu Schëtter, Nummere 46/3721, 48/3835, 56/3006, 46/4438 a 46/3836, mat enger ongeféierer Surface vu 0,31 ha (= Fläch déi direkt vun der uewen ugeschwate spezifescher Ännerung betraff ass).

D'punktuell Ännerung betrëfft d'Verréckele vun den Delimitatiounen tëscht HAB-1 (NQ), HAB-2 (NQ) an MIX-V (QE).

Den Dossier vun der punktueller Ännerung besteet aus der neier Partie graphique, materialiséiert duerch de Plang Nummer 20222383_ZP-SCHU_ModPAG_in_der_Acht_02_demande d'approbation, erstallt vum Urbanismusbüro „Zilimplan s.à r.l.“ vu Contern den 11. Mee 2023.



Während der Seance vum 24. Mee 2023 hat de Gemengerot schonn entscheet, e positiven Avis iwwer déi punktuell Ännerung vum Plan d'aménagement général ze ginn, an de Buergermeeschter a Schäfferot domadder ze chargéieren, déi, laut Artikel 11 an 12 vum ofgeännerte Gesetz vum 19. Juli 2004 betreffend de kommunalen Amenagement an d'urban Entwécklung, virgesinne Consultatioun an d'Wéeër ze leen. Zousätzlech haat de Gemengerot entscheet, op Grond vum Avis vum 17. Mee 2023, Referenz 105888/PS-mz, vum Minister fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, keng Ëmwelt Evaluatioun, laut den Artikelen 4 bis 10 vum Gesetz vum 22. Mee 2008 2008 iwwer d'Evaluatioun vum den Impakter vu verschidde Pläng a Programmer op d'Ëmwelt, duerch ze féieren.

3.3. Adoptioun vun engem Projet vun enger punktueller Ännerung vum PAP QE „rue de Neuhaeusgen“ zu Schëtter am Kader vun der punktueller Ännerung vum PAG vun der Gemeng Schëtter, betreffend d'Verréckele vun den Delimitatiounen tëscht HAB-1 (NQ), HAB-2 (NQ) an MIX-V (QE) am Lieu-dit „In der Acht Nord“ zu Schëtter.

De 5. Juli 2023 huet de Buergermeeschter a Schäfferot d'Konformitéit vum Projet vun der punktueller Ännerung vum PAP „Quartier existant“ vun der Gemeng Schëtter, dee vum Urbanismusbüro Zilmpfan S.à r.l. vu Contern fir d'Gemengeverwaltung Schëtter presentéiert gouf, mam aktuelle PAG a mat den Dispositiounen vum Artikel 26, Paragraph 2, vum ofgeännerte Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwer d'Gemengeplanung a städtesch Entwécklung, analyséiert a constatéiert.

De Buergermeeschter a Schäfferot huet och decidéiert de Projet vun der punktueller Ännerung vum PAP QE vun der Gemeng Schëtter an d'Prozedur ze gin, sou wéi et am Artikel 30 vum ofgeännerte Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwer d'Gemengeplanung a städtesch Entwécklung virgesinn ass.

An hirem Avis vum 10. Oktober 2023 confirméiert d'cellule d'évaluation vum Inneministère, datt de Projet vun der punktueller Ännerung vun der partie écrite vum PAP „QE“ konform mat de gültege gesetzlechen Dispositiounen ass, a präziséiert deemno, datt déi Ännerung sech net op d'partie graphique vum PAP QE bezitt, mee op säi plan de repérage.

Schlussendlech entscheet de Gemengerot eestëmmeg de Projet vun der punktueller Ännerung vum PAP QE „rue de Neuhaeusgen“ zu Schëtter, am Kader vun der spezifescher Ännerung vum PAG vun der Gemeng Schëtter, betreffend d'Verréckele vun den Delimitatiounen tëscht HAB-1 (NQ), HAB-2 (NQ) an MIX-V (QE) am Lieu-dit „In der Acht Nord“ zu Schëtter, unzehuelen.

4.

Gemengefinanzen

4.1. Allocatioun vun de gesammelte Spende vun Nationalfeierdag 2023 u verschidde karitativ Associatiounen

Während dem Nationalfeierdag, deen de 23. Juni 2023 um Schoulcampus „An der Dällt“ zu Mënsbech gefeiert gouf, hu Bierger vu verschidde Nationalitéiten aus eiser Gemeng kulinaresch Spezialitéiten ugebuede. Dat huet zu engem Betrag vun 10.253,11 € gefouert.

Doropshi proposéiert de Buergermeeschter a Schäfferot een opgeronnte Betrag vun 11.000,00 € festzehalen, fir en als Don u karitativ Associatiounen ze ginn.

An deem Kader, entscheet de Gemengerot eestëmmeg, de gesammelten Don u Veräiner ze spenden, déi vun de Bierger vun de verschidde Nationalitéite proposéiert goufen, nämlech:

- 2.200,00 € un d'Associatioun „ELA Luxembourg asbl“;
- 2.200,00 € un d'Associatioun „ROJ Lux asbl“;
- 2.200,00 € un d'Associatioun „Darkness Into Light-Luxembourg asbl“;
- 2.200,00 € un d'Associatioun „Child Welfare Fund“;
- 2.200,00 € un d'Associatioun „CAPAT - Cercle de patients“.

4.2. Approbatioun vun enger Zousazoffer fir d'Realisatioun vu Logementer fir Jonker - Maison Schënnbiërg zu Mënsbech

De 24. Februar 2021 huet de Gemengerot d'Pläng an Devis'en, déi vum Architektbüro „elementar SARL“ aus Weiler-la-Tour fir d'Transformatiounsaarbechten vum Haus 30, um Schënnbiërg zu Mënsbech opgestallt goufen, approvouéiert.

Op Grond vun den Erklärungen, déi vum Buergermeeschter a Schäfferot geliwwert goufen, besonnesch déi zousätzlech Käschten opgrond vu méiglechen Imprevuen, der sanitärer Kris, an der Entwécklung vun de Präisser vun de Materialien, approvouéiert de Gemengerot eestëmmeg den zousätzlechen Devis, deen den 18. Oktober 2023 vum Service technique vun der Gemeng Schëtter op eng opgerënt Zomm vun 229.000,00 € TTC ausgeschafft gouf.

4.3. Approbatioun vun enger Zousazoffer fir den Amenagement vun zousätzleche Büroe mat Versammlungsraum um Späicher vum Service technique

Während der Seance vum 14. Juli 2021 hat de Gemengerot d'Pläng a Devis'en, déi vum Architektbüro „elementar SARL“ vu Weiler-la-Tour fir d'Aarbechte vun der Ëmgestaltung vun zousätzleche Büroe mat Versammlungsraum um Späicher vum Service technique opgestallt goufen, approvouéiert.

Wéinst den zousätzleche Käschten opgrond vu méiglechen Imprevuen, der sanitärer Kris, an der Entwécklung vun de Präisser vun de Materialien, entscheet de Gemengerot eestëmmeg den zousätzlechen Devis, deen den 18. Oktober 2023 vum Service technique vun der Gemeng Schëtter op eng opgerënt Zomm vun 246.000,00 € TTC ausgeschafft gouf, ze approvouéieren.

4.4. Approbatioun vun enger Zousazoffer fir den Amenagement vun enger zousätzlecher sozialer Wunneng um Späicher vun engem Haus zu Schëtter, 107, rue Principale

De Gemengerot hat den 23. Mäerz 2022 d'Pläng an den Devis, déi vum Architektbüro CUBUS vu Schraasseg fir den Amenagement vun enger zousätzlecher sozialer Wunneng um Späicher vun engem Haus zu Schëtter, 107, rue Principale opgestallt goufen, approvouéiert.

Nodeems sech de Buergermeeschter a Schäfferot d'Erklärungen iwwer d'Käschten ugehéiert hat, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg den zousätzlechen Devis, deen de 16. Oktober 2023 vum Architektbüro CUBUS op 136.118,50 € TTC chiffriert gouf, ze approvouéieren.

5.

Infrastrukturen

5.1. Approbatioun vun engem drëssegjäregem Prescriptioun's Acte bezüglech engem Terrain zu Iwwersiren am Lieu-dit „Hinter dem Kreuz“

De 4. Oktober 2023 gouf een drëssegjäregem Prescriptioun's Acte op engem Terrain zu Iwwersiren, agedroen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter ënner der Nummer 177/3058, Sektoun D vun Iwwersiren, am Lieu-dit „Hinter dem Kreuz“, mat enger Fläch vun 1 Ar, ënnerschriwwen.

Hei ass ze bemierken, dass d'Gemeng Schëtter deen Terrain ëmmer sou ënnerhalen huet, dass en duerch „Usukapion“ zu hirem Eegentum ginn ass.

Deemno, nodeems laut Gesetz doriwwer deliberéiert gouf, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg den drëssegjäregem Prescriptioun's Acte n° 646/2023, deen de 4. Oktober 2023 vum Réimecher Notaire Maître Patrick Serres ënnerschriwwen gouf, ze approvouéieren.

D'Prescriptioun gëtt mat deem Ziel gemaach, de cedéierten Terrain an d'Voirie publique ze integréieren.

5.2. Approbatioun vun engem drëssegjäregem Prescriptioun's Acte bezüglech engem Terrain zu Schëtter am Lieu-dit „Bei der Kirch“

De 4. Oktober 2023 gouf een drëssegjäregem Prescriptioun's Acte op engem Terrain zu Schëtter, agedroen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter ënner der Nummer 19/2603, Sektoun A vu Schëtter, am Lieu-dit „Bei der Kirch“, mat enger Fläch vun 1,71 Ar, ënnerschriwwen.

Hei ass ze bemierken, dass d'Gemeng Schëtter deen Terrain ëmmer sou ënnerhalen huet, dass en duerch „Usukapion“ zu hirem Eegentum ginn ass.

Deemno, nodeems laut Gesetz doriwwer deliberéiert gouf, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg den drëssegjäregem Prescriptioun's Acte n° 647/2023, deen de 4. Oktober 2023 vum Réimecher Notaire Maître Patrick Serres ënnerschriwwen gouf, ze approvouéieren.

D'Prescriptioun gëtt mat deem Ziel gemaach, de cedéierten Terrain an d'Voirie publique ze integréieren.

5.3. Approbatioun vun engem drëssegjäregem Prescriptioun's Acte bezüglech zwee Terrainen zu Schëtter am Lieu-dit „Im Schaleiksbongert“

De 4. Oktober 2023 gouf een drëssegjäregem Prescriptioun's Acte op zwee Terrainen zu Schëtter ënnerschriwwen, agedroen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter ënner de Nummere 469/4820 a 469/4821, Sektoun A vu Schëtter, am Lieu-dit „Im Schaleiksbongert“, mat enger Gesamtfläch vu 7,51 Ar, ënnerschriwwen.

Hei ass ze bemierken, dass d'Gemeng Schëtter deen Terrain ëmmer sou ënnerhalen huet, dass en duerch „Usukapion“ zu hirem Eegentum ginn ass.

Deemno, nodeems laut Gesetz doriwwer deliberéiert gouf, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg den drëssegjäregem Prescriptioun's Acte n° 648/2023, deen de 4. Oktober 2023 vum Réimecher Notaire Maître Patrick Serres ënnerschriwwen gouf, ze approvouéieren.



D'Prescriptioun gëtt mat deem Ziel gemaach, déi cedéiert Terrain'en an d'Voirie publique ze integréieren.

5.4. Approbatioun vun engem Compromis de cession betreffend eng Emprise zu Mënsbech, rue Principale

Den 18. Oktober 2023 gouf ee Compromis de cession ënnerschriwwen tëscht dem Buergermeeschter a Schäfferot an der S.à r.l. RMP Develop mat Sëtz zu L-8077 Bartréng, 177, rue de Luxembourg.

D'Modalitéite vun dësem Compromis gesi vir, dass d'S.à r.l. RMP Develop der Gemeng Schëtter eng Parzell mat enger approximativer Fläch vun 0,31 Ar cedéiert, agedroen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektoun B vu Mënsbech, Partie vun de Nummern 1152/3030 an 1152/4280.

Iwwerdeems gëtt erwaart, dass d'Cessioun an engem gemeng-nëtzegen Zweck gemaach gëtt, nämlech d'Integratioun vun der Parzell an d'Voirie publique.

Deemno entscheet de Gemengerot eestëmmeg, de Compromis de cession à titre gratuit unzehuelen, deen den 18. Oktober 2023 ënnerschriwwen gouf.

6.

Konventiounen

6.1. Approbatioun vu Konventiounen fir eng Autorisation de passage fir e Wanderwee zu Schraasseg, Bei der Bohmuehle

Eng Rei Konventiounen fir eng Autorisation de passage vun engem Wanderwee op private Grondstécker goufen den 2. Dezember 2022 tëscht dem Buergermeeschter a Schäfferot a private Persounen ënnerschriwwen, betreffend Terrain'en zu Schraasseg an de Lieux-dits „Bei der Bohmuehle“ an „In der Sauerheck“.

Well d'Gemeng Schëtter de Reseau vun de Wanderweeër an der Gemeng vergréisseren a moderniséieren wëll, an d'Tatsaach datt Grondstécksbesëtzer bereet sinn, de Passage vun engem Wanderwee op engem limitéierten Deel vun hirem Terrain'en ze erlaben, entscheet de Gemengerot eestëmmeg, déi dräi Konventiounen fir eng autorisation de passage vun engem Wanderwee op private Grondstécker ze approvouéieren.

6.2. Approbatioun vun engem Vertrag iwwer d'Reproduktioun duerch Reprographie vu geschützte Wierker zum Wuel vun de Gemengen/Stied zu Lëtzebuerg

Den 18. Oktober 2023 gouf e Vertrag iwwer d'Reproduktioun duerch Reprographie vu geschützte Wierker zum Wuel vun de Gemengen/Stied tëscht dem Buergermeeschter a Schäfferot an der A.s.b.l. „Luxembourg Organisation for Reproduction Rights“ (ofgekierzt LUXORR) mat Sëtz zu L-1615 Lëtzebuerg, 7, rue Alcide de Gasperi ënnerschriwwen.

Dëse Vertrag gouf a Konformitéit mat den Dispositiounen vum ofgeännerte Gesetz vum 18. Abrëll 2001 iwwer d'Auteursrechter, d'Nopeschrechter an d'Basisdonneeën ënnerschriwwen.

Also entscheet de Gemengerot eestëmmeg, den annexéierten Kontrakt ze approvouéieren.



7.

Sozial Wunnen

7.1. Approbatioun vun engem contrat de mise à disposition vum Haus Scheuer zu Schraasseg, am Äppelwee

Den Här Prosper Antoine Marie SCHEUER, gebuer de 26. Abrëll 1935 zu lechternach (Matricule: 1935 04 26 216 64), Wittmann vun der Mme Andrée Hilda WEISGERBER, Wunnsëtz fir d'lescht zu L-5364 Schraasseg, 9, am Äppelwee, ass de 27. Oktober 2022 zu Lëtzebuerg gestuerwen.

Den Här SCHEUER huet als seng lescht Dispositioun am Stierfall en holographesch Testament vum 17. Juli 2022 hannerlooss, ënner de Protokoller vum Notaire Josiane PAULY ageschriwwen a bei der Administration de l'Enregistrement, des Domaines et de la TVA registréiert.

An dësem Testament huet den Här Scheuer d'Gemeng Schëtter als eenzeggen Erbe bezechent an, laut senger leschte Wënsch, soll säin gesamt Eegentum „zum Nutzen der Gemeinde für allgemeine, sowie sozial nützliche Zwecke und Dienste verwendet werden“.

De Gemengerot hat a senger Sëtzung vum 24. Mee 2023 d'Deklaratioun vun der Successioun vum verstuerwenen Här Prosper Antoine Marie SCHEUER ugeholl.

Dofir gouf den 18. Oktober 2023 tëscht dem Buergermeeschter a Schäfferot an der Madame Linda Natalia Reitupe e Kontrakt fir eng mise à disposition vun engem amenagéierte Logement zu Schraasseg, 9, am Äppelwee ze ënnerschriwwen. D'Madame Reitupe akzeptéiert datt d'mise à disposition vum Logement ausschliesslech eng sozial Hëllefsmoosnam duerstellt an datt des Hëllefsmoosnam zu all Moment geännert oder souguer zrëckgezu ka ginn.

D'Madame Reitupe acceptéiert och mam Office Social „leweschte Syrdall“ ze kollaboréieren, deen sech engagéiert huet, personaliséiert sozial Ënnerstëtzung während der Dauer vum Gebrauch vum Logement ze garantéieren an datt all Ofleening vun Zesummenaarbecht zu der Kënnegung vum Kontrakt vun der mise à disposition féiert.

An deem Kontext entscheet de Gemengerot eestëmmege den annexéierte contrat de bail ze approvieren.

8.

Consultativ Kommissiounen

8.1. Nominatioun vun zwee neie Memberen an déi consultativ Gemengekommissiounen

Well nach e Posten an der Kommissioun fir Ëmwelt an nohaltege Entwécklung en Faveur vun der politescher Partei LSAP fräi ass, entscheet de Gemengerot eestëmmege, d'Madame Thorunn EGLSDOTTIR op dese Posten ze ernennen.

De Gemengerot entscheet och eestëmmege, d'Madame Simone FISCHER, a Plaz vum Här Gabriel NEUMANN, als Member an d'Kommissioun fir d'Famill, den Drëtten Alter an de Sozialen Ugeleeënheeten ze ernennen.

9.

Gemengereglementer

9.1. Bestätegung vun zwee temporären urgente Verkéiersreglementer

Opgrond vun den Infrastrukturaarbechte laanscht den CR 185, rue Principale um Neihaischen, an och wéinst Infrastrukturaarbechten op der Héicht vun de Gebaier N° 106 bis N° 108, huet de Schäfferot zwee temporär urgent Verkéiersreglementer festgehalen.

De Gemengerot bestätegt eestëmmege déi zwou temporär Ännerunge vum Gemengereglement iwwer de Verkéier, déi vum Schäfferot den 10. Oktober 2023 an den 19. Oktober 2023 festgehale goufen, unzehuelen.

10.

Schrëftlech Froe vun de Conseillere

Wéinst dem adresséierte Schreiweis vum 24. Oktober 2023 vun der lokaler politescher Partei „Schëtter Bierger“, an deem si Informatiounen iwwer d'Reprise vu sämtleche Liewensmëttelgeschäften vum Louis Delhaize Group duerch den E. Leclerc Groupe froen, deelt de Buergermeeschter a Schäfferot mat, datt hien natierlech wëll, datt d'Gemeng Schëtter sou ee lokale Buttek wéi de Smatch behält, well vill Awunner et gewinnt sinn, do hier kleng Akeef ze maachen. Doriwwer raus beweist d'Bestoen um Site vun sou engem Buttek säit iwwer 30 Joer kloer seng Nützlichkeet.

De Buergermeeschter erkläert, datt hien de Besëtzer vum Site kontaktéiert huet, an dese hätt him bestätegt, datt hien nach net vum neie Repreneur vum Smatch Grupp kontaktéiert gouf fir de lafende Mietvertrag, deen nach bis 2025 leeft, ze kënnegen oder ze änneren.

De Buergermeeschter füügt dobäi, datt hie per E-Mail och e Verantwortleche vun der Strategieentwécklung vum E. Leclerc Group kontaktéiert huet, fir Informatiounen iwwer d'geplangten Zukunft vum betraffene Smatch Butték ze kréien. Laut Press hätt de Repreneur erkläert, datt hien déi Buttéker mam ganze Personal weiderféiere géif. Just d'Enseigne vum Geschäft géif de Moment änneren. De Buergermeeschter warnt awer och, datt een ëmmer virsiichteg soll sinn am Fall vu Reprise.

De Buergermeeschter ernënnert och drun, datt d'Gemeng Schëtter deemools wou de Site verkaf gouf, keen Usproch op sei Virkafsrecht gemaach hätt, mee datt se sech decidéiert hätt, op de Wee vun engem Accord mam enger Privatpersoun ze goen. Mëttlerweil huet de Besëtzer vum Site eemol geännert, an d'Dauer vum Accord, deen ufanks fir 10 Joer virgesi war, huet sech zanter 30 Joer net méi geännert.

De Buergermeeschter füügt dobäi, datt hien e weidere Bréif un de Besëtzer vum Site schécke wëllt, fir hien ze bieden, d'Gemeng ze kontaktéieren, falls e Verkaf eng Kéier ustoe soll. Deen Moment misst een da kucken, ob d'Gemeng Interessi hätt de Site ze kafen oder net.

11.

Froe vum Publikum Keng.

D'gesamt Sëtzung vum Gemengerot Schëtter kann nogekuckt ginn op: <https://www.schëtter.lu/politique/seances-du-conseil-communal>



LU

Sëtzung vum Gemengerot 29.11.2023

Den Här Buergermeeschter Claude MARSON heescht häerzlech Wëllkomm zu der 9. Sëtzung vum Gemengerot am Joer 2023.

Den Här Buergermeeschter informéiert iwwer verschidde Punkten, déi de Budget betreffe, an datt d'Finanzkommissioun offiziell op dëser Geleeënheet invitéiert ass;

Den Här Buergermeeschter deelt och mat, datt de Conseiller Jules Sauber de Gemengerot live iwwer Videostream suivéiere wäert an hie seng Stëmm duerch Procuratioun un de Conseiller Serge THEIN ginn huet.

Doniewent deelt den Här Buergermeeschter och mat, datt de Vote publique vun dëser Sëtzung mam Här Serge EICHER ufänkt. Dono informéiert den Här Buergermeeschter och iwwer d'Evenementer, déi stattfonnt hun säit der leschter Sëtzung vum Gemengerot am Oktober:

- Den 28. Oktober 2023 huet den „Halloweenbal“ vun der Elterevereenegung am Kulturzentrum zu Mënsbach stattfonnt an et war eng groussen Erfolleg;
- Den 29. Oktober gouf nach een „Halloweenbal“ organiséiert, des Kéier vum „Luxemburg Allergy Network“;
- Den 31. Oktober huet d'Aktioun „Trauliicht bastelen“ am pädagogesche Bauerenhaff „A Schmatten“ stattfonnt;
- De 5. November gouf den „Dag vum 3. Alter“ gefeiert, deen d'Gemeng zesumme mat der Amiperas an der Kommissioun vun der Famill, dem 3. Alter an de sozialen Ugeleeënheeten organiséiert hat, fir de Biergerinnen a Bierger, déi 80 Joer a méi al sinn, ze honoréieren. Dësen Dag gouf och genotzt, fir de 50. Gebuertsdag vun der lokaler Amiperas-Sektioun ze feieren;
- Den 9. November huet de „Charity Bridge Tournoi“ stattfonnt, organiséiert vun der „asbl Tukwataniise“, fir Schoulen an Uganda ze ënnerstëtzen;
- Den 11. November moies huet de „Schëtter Maart“ stattfonnt, begleet vun enger Virlesung vum Buch „Dem Kleesche säin lese! A Wien ass dat?“. Et goufen och aner flott Hierschtaktivitéiten fir Kanner, wéi z.B. d'Produktioun vu Fudder fir Vigelcher am „Schëtter Treff“ organiséiert;
- Den Nomëtte vum 11. November gouf och „d'Journée intergénérationnelle“ vun der Kommissioun vun der Famill, dem 3. Alter an de sozialen Ugeleeënheeten, dem „Schëtter Jugendhaus“ an de Scouten „Castors“ organiséiert. Eng flott Stëmmung gouf duerch Spiller an Quizze vun de Scouten a vum „Fotoclub Schëtter“ geschaf;
- Den Nomëtte vum 11. November huet och den traditionellen „Hämmelsmarsch“ stattfonnt;
- De 17. November huet d'„Soirée Beaujolais“ stattfonnt, organiséiert vum „Fotoclub Schëtter“;
- Den 18. November gouf „d'Journée de l'Arbre“ gefeiert, wou e Bam fir de neie Gemengerot beim „Pavillon“ zu Mënsbech geplanzt gouf. Dësen Dag gouf och genotzt fir de reamagéierten Uferrandstreifen laanscht d'Syr bei der Rue de Canach zu Schëtter anzeweien;
- Deen selwechten Dag owes huet och de „Quizzowend“ am Kulturzentrum stattfonnt, organiséiert vum FC Mënsbech;

- Den 21. November huet eng Réunion mat de Veräiner vun der Gemeng iwwer d'Charta fir nohaltege Entwécklung stattfonnt. Dobäi huet en Expert vum Ökozenter Erklärungen zur Organisatioun vu „Green Events“ ginn. D'Ziler vun der Gemeng an der nohalteger Entwécklung goufen och diskutéiert;
- Den 22. November huet eng Réunion mam Comité „Natura 2000 COPIL Guttland Musel“ am Biodiversum zu Remerschen stattfonnt;
- Den 23. November huet den „Éischt Hëllef“ Cours vum CGDIS ugefaang. De Cours ass opgedeelt an 8 Sëtzungen a geet bis de 25. Januar 2024 an der „Galerie“ um Schoulcampus;
- De 25. November huet de Gala Dinner vun der „Amicale des Pompiers“ am Kulturzentrum stattfonnt.

Dono informéiert den Här Buergermeeschter iwwer déi verschidden Eventer, déi nach op eis zoukommen:

- Den 30. November organiséiert d'Lokalsektioun vun der Amiperas hir „Fête St. Nicolas“ am Kulturzentrum;
- Den 1. Dezember kënn de Kleeschen an d'Schoul;
- Den 3. Dezember ass „d'Adventsfest“, organiséiert vun de „Fraen a Mammen“ a begleet vun engem Concert vun de „Schëtter Jongbléiser“;
- Den 8. Dezember fënnt de Wantermaart an der Crèche statt;
- De Weekend vum 9. Dezember fënnt och d'Klengdéieren-ausstellung statt;
- Den 9. Dezember ass och de nächste „Schëtter Maart“. Um selwechten Dag gëtt och den „Tik Tok Danceworkshop“ vum Schëtter Jugendhaus organiséiert;
- Den 10. Dezember ass den traditionelle „Stamminee“ an der Galerie um Schoulcampus;
- Nomëttes den 10. Dezember gëtt och de Chrëschtconcert vum „Schëtter Gesank“ an der Kierch vu Schëtter ofgehalen. Si gi begleet vun der „Chorale Caecilia“ vu Walfer an dem Herr Guy PÜTZ, een Operesänger vu Wien;
- Den 12. Dezember ass d'Chrëschtfeier vun der Amiperas;
- Vum 15. bis de 17. Dezember fënnt de Chrëschtmaart op der Kierchplaz statt. Verschidde Veräiner aus der Gemeng bidden e breede Spektrum vu Spezialitéiten a selwer gemaachte Produit'en un, a musikalesch Begleedung gëtt et och;
- Vum 16. bis de 17. Dezember gëtt och de „Fairytale Cup“ an d'Chrëschtgala vu Rythmica Lux organiséiert.

All des Evenementer kënnen och am Kalenner op der Websäit vun der Gemeng Schëtter nogekuckt ginn.

Zum Schluss informéiert den Här Buergermeeschter nach iwwer folgend Saachen:

- d'Reprise vum Grupp Louis Delhaize duerch d'Sociétéit E. Leclerc an d'méiglech Auswierkungen op de Smatch Butték zu Mënsbech. Nodeems Kontakt mat MG Hotels, dem Besëtzer vum Site, opgeholl gouf fir méi Informatiounen iwwer een eventuelle Verkaf vum Site ze kréien, huet de Schäfferot eng schrëftlech Äntwert vum Besëtzer kritt, dee bestätegt, dass de Site effektiv säit zwee Méint zum Verkaf steet, fir e Präis vun 13 Milliounen Euro.
- de Retour vun de Wale fir den Delegéierte vum SYVICOL. Den Här Jacques BAUER gestëmmt huet, deen dann effektiv och gewielt gouf.



- Den Här Buergermeeschter informéiert och iwwer déi gewielte Persounen fir d'Loyerskommissioun am Kanton Lëtzebuerg. D'Persounen, déi hei an der Gemeng gewielt goufen, sinn effektiv bestätegt ginn, nämlech Madame Anneliese JENTGEN-MEYER als bailleur effectif an Madame Aïcha NDOMBELE NVETE als locataire effectif.
- De Buttek Smatch hat eng Ufro un d'Gemeng gestallt, fir d'Sonndeger vum 24. an 31. Dezember 2023 bis 16 Auer dierfen op ze hunn, an dës Ufro gouf vum Schäfferot approvüiert.
- Vum 15. Januar 2024 un geet de Verkaf vu Brennholz lass.
- Vum 1. Januar 2024 un enthalen déi ugebuede Menüer fir d'Kanner an der Maison Relais 50% Bio-Zutaten, wat eng Präiserhéijung vun 18 Cent pro Kand mat sech bréngt.
- D'Gemeng strieft zwou Zertifizierungen fir d'Joer 2024 un, nämlech eng Zertifizierung fir d'Klimaupassung an eng Zertifizierung fir d'Loftqualitéit.
- Am Kader vum Salzstreeën am Wanter huet den technesche Service vun der Gemeng um Naihaischen eng Wiederstatioun mat spezielle Sensoren installéiert, deenen et hinnen erlabe soll, an der Zukunft selwer ze entscheiden, ob e Streeën néideg ass oder net, onofhängeg vun den Daten a Recommandatiounen vun de Ponts et Chaussées. Am Moment gëtt nach iwwer déi zwee Alerte-Systemer gefuer, fir d'Donnéeën, déi vun de Sensoren op der Klimastatioun kommen, ze iwwerpräieren an ze kalibréieren.

1.

Gemengefinanzen

1.1. Presentatioun vun de Compten

Nodeems de Buergermeeschter a Schäfferot säi Rapport virgedroen huet, hält de Gemengerot Notiz vum Compte administratif a vum Compte de gestion vum Budgetjoer 2022, wéi se hei ënnendréiner stinn. Den Exercice comptable weist fir d'Budgetjoer 2022 een Defizit vun 1.951.029,33 € op.

	SERVICE ORDINAIRE	SERVICE EXTRAORDINAIRE
Total vun de Recetten	20.130.358,32 €	2.060.084,04 €
Total vun den Depensen	13.827.938,80 €	10.313.532,89 €
Iwwerschoss fir d'Geschäftsjoer	6.302.419,52 €	
Defizit fir d'Geschäftsjoer		8.253.448,85 €
Iwwerschoss vum compte 2021	16.639.364,62 €	
Allgemengen Iwwerschoss	22.941.784,14 €	
Allgemengen Defizit		8.253.448,85 €
Transfert ord./extraord.	- 8.253.448,85 €	8.253.448,85 €
Definitiven Iwwerschoss	14.688.335,29 €	

1.2. Présentatioun vum Budget rectificé 2023 a vum Budget initial 2024

De Gemengerot hält Notiz vum Budget rectificé 2023 a vum Budget initial 2024, déi vum Buergermeeschter a Schäfferot proposéiert goufen an déi an der nächster Gemengerotssitzung diskutéiert an approvüiert solle gin.

Den Tableau récapitulatif vum Geschäftsjoer 2024 präsentéiert sech follgendermoossen:

	SERVICE ORDINAIRE	SERVICE EXTRAORDINAIRE
Total vun de Recetten	23 782 858,00 €	7 757 779,19 €
Total vun den Depensen	18 164 500,35 €	21 579 415,93 €
Iwwerschoss fir d'Geschäftsjoer	5 618 357,65 €	
Defizit fir d'Geschäftsjoer		13 821 636,74 €
Präsuméierten Iwwerschoss Enn 2024	11 367 218,47 €	
Präsuméierten Defizit Enn 2024		
Allgemengen Iwwerschoss	16 985 576,12 €	
Allgemengen Defizit		13 821 636,74 €
Transfert ord./extraord.	- 13 821 636,74 €	+ 13 821 636,74 €
Definitiven Iwwerschoss	3 163 939,38 €	

1.3. Approbatioun vun engem zousätzlechen Devis fir d'Acquisitioun vu Liwwerautoen: Camionnetten an Utilitéären

Den 23. Mäerz 2023 huet de Gemengerot een Devis fir d'Acquisitioun vun enger Camionnette an zwee Ween fir den technesche Service akzeptéiert an dat fir ee Betrag vun 141.000,00 € TTC.

De Buergermeeschter a Schäfferot gëtt Erklärungen zu den zousätzleche Käschten, déi notament duerch d'Acquisitioun vun engem elektresche Gabelstapeler entstane sinn.

Doropshin entscheet de Gemengerot eestëmmeg den Devis ze approvüieren, deen de 6. November 2023 vum technesche Service vun der Gemeng fir en opgeronnte Betrag vu 65.000,00 € TTC erstallt gouf.

1.4. Approbatioun vun engem zousätzlechen Devis fir den Amenagement vu Büroe, engem Réuniounssall an Sanitärinfrastrukturen am Schoul-, Sport- a Kulturzentrum „An der Dällt“ zu Mënsbech

An der Sëtzung vum 27. November 2019 hat de Gemengerot d'Pläng an den Devis vum Architekturbüro „Elementar SARL“ fir den Amenagement vu Büroe, engem Reuniounssall a Sanitärinfrastrukturen am Schoul-, Sport- a Kulturzentrum „An der Dällt“ zu Mënsbech mat engem Gesamtbetrag vun 841.439,00 € TTC acceptéiert.

De Buergermeeschter a Schäfferot gëtt Erklärungen, wéi déi zousätzlech Käschte fir den Amenagement entstane sinn. Doropshin entscheet de Gemengerot eestëmmeg de geschätzten zousätzlechen Devis, deen den 20. November 2023 vum technesch Service vun der Gemeng erstallt gouf, fir en opgeronnte Betrag vun 315.000,00 € TTC ze approvüieren.



1.5. Approbatioun vun engem zousätzlechen Devis fir de Bau vun zwee Doppelhaiser zu Iwwersyren, rue de la Montagne.

Den 12. Juli 2017 hat de Gemengerot d'Pläng an den Devis vum Architektbüro Marc Oswald fir de Bau vun zwee Doppelhaiser op den Adressen 22A an 22B, rue de la Montagne zu Iwwersyren mat engem Gesamtbetrag vun 1.230.000,00 € TTC akzeptéiert.

De Buergermeeschter a Schäfferot gëtt Erklärungen, wéi déi zousätzlech Käschte fir den Amenagement entstane sinn.

Doropshin entscheet de Gemengerot eestëmmeg de geschätzten zousätzlechen Devis, deen den 22. November 2023 vum technesche Service vun der Gemeng erstallt gouf, fir en opgeronnte Betrag vu 545.500,00 € TTC ze approvüieren.

1.6. Approbatioun vun Decompten fir Aarbechten

A Konformitéit mat Artikel 47 vum ofgeännerte Gesetz vum 3. Juli 2018 iwwer d'Marchés publics, sinn Decompten vun Aarbechtsprojet'en no der definitiver Rezeptioun der Zoustëmmung vum Gemengerot ënnerleien.

Doropshin entscheet de Gemengerot eestëmmeg, déi final Decompten vun de follgenden extraordinären Depensen ze approvüieren, déi dem administrative Konto bäileien an als Beweisstécker fir d'Bilanzberengung duerch d'Autorité Supérieure fungéieren:

BUDGETSARTIKEL	BEZEICHNUNG	TOTAL VUM DEVIS	TOTAL VUN DEN EFFEKTIVEN DEPENSEN
4/520/221313/19003	Réfection de la canalisation à Uebersyren, croisement rue de Beyren avec rue de Mendsdorf et rue des Jardins	279.000,00 €	269.494,62 €
4/520/221313/22012	Réfection de la canalisation dans la rue de Sandweiler, rue de l'Orée et rue St. Donat à Schrassig	81.500,00 €	70.786,19 €
4/624/221200/14007	Aménagement d'un chemin de liaison entre Munsbach et Niederanven	630.000,00 €	499.323,11 €
4/624/221313/99010	Redressement des chemins vicinaux*	90.000,00 €	159.454,80 €
4/910/221313/20013	Projet pédagogique Alpaka	85.000,00 €	69.869,04 €

*De Buergermeeschter a Schäfferot huet dem Gemengerot erkläert, dass deen ursprüngelech vum Gemengerot votéierten Devis vum 28. November 2018 iwwerschratt gouf, dat wéinst zousätzleche Käschten déi duerch Terrassement's Aarbechten an d'Evakuatioun vun contaminéiertem Buedem entstane sinn.

2.

Humanitär Hëllef

2.1. Zoustëmmung vun Done fir e speziellen Noutfong ze ënnerstëtzen, deen d'Besoin'en a Gaza, am Westjordanland an Nopeschlänner decken soll, als Konsequenz vun den Auswirkungen vum israeeesch-palästinensesche Krich a fir d'Victime vum Äerdbiewen am Nepal ze ënnerstëtzen

Wéinst dem Impakt vum israeeesch-palästinensesche Krich, deen de 7. Oktober 2023 ausgebrach ass a vernichtend Konsequenzen op d'Zivilbevölkerung huet, och am medizinesche Beräich, entscheet de Gemengerot eestëmmeg, seng Solidaritéit mat der Bevëlkerung auszedrécken, déi d'Opfer vum Impakt vum israeeesch-palästinensesche Krich ginn ass an attribuëiert een Don vun 2.500,00 € un d'Associatioun „Médecins Sans Frontières“.

Doniewent huet ee verheerend Äerdbiewen an der Nuecht vum 7. op de 8. November 2023 d'Regioun vu Ramidanda (Jajarkot) am Nepal getraff an huet eng Spuer vun Tragedie an Zerstéierung hannerlooss. D'Victime sinn, opgrond vu Waasser- an Nahrungsmangel sou wéi dem Feele vu sanitären Anlagen an enger ganz kritescher Situatioun. Dowéinst entscheet de Gemengerot och eestëmmeg, seng Solidaritéit mat der Bevëlkerung vun der Regioun zu Ramidanda am Nepal ze weisen an attribuëiert een Don vun 2.500,00 € un d'Associatioun „Aide à l'Enfance de l'Inde et du Népal“.

3.

Kommunal Bëscher

3.1. Approbatioun vum Plan de gestion vun de kommunale Bëscher

Nodeems den Här Pit LACOUR, Fierschter vum Triage vun Niederanven, seng Erklärung während der Aarbechtssitzung vum 18. Oktober 2023 ginn huet, huet de Gemengerot eestëmmeg entscheet de Plan de Gestiou fir d'Joer 2024 fir d'Bëscherprioritéiten vun der Gemeng Schëtter ze approvüieren. Dëse gesäit Investitiounen vu 460.500,00 € a Recettë vun 182.700,00 € vir.

4.

Infrastrukturen

4.1. Approbatioun vun engem Acte de Vente am Kader vun der Realisatioun vun engem Trottoir zu Schraasseg, rue de Luxembourg

Den 10. Februar 2023 gouf ee Compromis de Vente ënnerschriwwen iwwer een Terrain zu Schraasseg, ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter ënnert der Nummer 396/1908, Sektions C vu Schraasseg, rue de Luxembourg, mat enger Fläch vun 0,43 Ar.

Et ass ze bemerken, dass nom Plan d'Aménagement Général (PAG) vun der Gemeng Schëtter den Terrain an der Zone d'habitation HAB-1 klasséiert ass. Iwwerdeems gëtt de Verkaf mat dem Zil gemaach, de Terrain an d'effentlech Stroosseninfrastruktur integréiert ze kréien.



Nodeems de Gemengerot gesetzeskonform doriwwer deliberéiert huet, beschléisst hien eestëmmeg, den Acte de vente n° 674/2023, deen den 19. Oktober 2023 virum Notaire Patrick SERRES zu Réimech ënnerschriwwen gouf, ze approvouieren.

4.2. Approbatioun vun engem Acte de cession betreffend een Terrain zu Schëtter, rue de Canach

A senger Sëtzung vum 13. Juli 2022 huet de Gemengerot engem Morcellement vun Terrainen zu Schëtter an der rue de Canach zougestëmmt, déi am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektouren A vu Schëtter, ënner de Nummern 112/4434 an 11/4436 registréiert sinn.

An deem Zesammenhang gouf de 14. November 2023 een Acte de cession gratuite op engem Terrain zu Schëtter an der rue de Canach ënnerschriwwen, deen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektouren A vu Schëtter, ënner der Nummer 112/4827 an enger Gesamtfläch vun 0,11 Ar enregistréiert ass.

D'Cessioun gouf an engem gemengnëtzegen Zweck gemaach, nämlech d'Integratioun vun der Parzell an d'Voirie publique.

Nodeems de Gemengerot gesetzeskonform doriwwer deliberéiert huet, beschléisst hien eestëmmeg, den Acte de cession à titre gratuit n° 733/2023, deen den 14. November 2023 virum Notaire Patrick SERRES zu Réimech ënnerschriwwen gouf, ze approvouieren.

4.3. Approbatioun vun engem Contrat de bail betreffend Terrain'en zu Iwwersyren, lieu-dit Unter den Garte

De 16. Oktober 2023 gouf een Contrat de bail ënnerschriwwen, deen sech op d'Locatioun vun zwou Parzellen, agedroen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektouren D vun Uebersyren, ënner de Nummere 509 a 508/3361, lieu-dit „Unter den Garten“, bezitt, mat engem gesamtter approximativer Fläch vun 45,25 Ar.

Et ass ze bemerken, dass d'Parzelle fir landwirtschaftlech Zwecker benotzt ginn.

Nodeems de Gemengerot gesetzeskonform doriwwer deliberéiert huet, beschléisst hien eestëmmeg, den ënnerschriwwenen Contrat de bail vum 16. Oktober 2023 ze approvouieren

4.4. Approbatioun vun engem Contrat de mise à disposition betreffend een Terrain zu Schëtter, lieu-dit Hoimesbusch

De 15. November 2023 gouf een Contrat de mise à disposition ënnerschriwwen iwwer d'Bereetstellung vun engem Terrain am Domaine public vum Lotissement „Hoimesbusch“ zu Schëtter, enregistréiert am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektouren A Schëtter, ënner der Nummer 490/4799, mat enger Gesamtfläch vun 0,17 Ar.

Et sief bemierkt datt den Terrain als Erweiterung vum Gaart vum Locataire benotzt gëtt an deen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektouren A Schëtter, ënner der Nummer 490/4797 enregistréiert ass.

Nodeems de Gemengerot gesetzeskonform doriwwer deliberéiert huet, beschléisst hien eestëmmeg, den ënnerschriwwenen Contrat de mise à disposition vum 15. November 2023 ze approvouieren.

5.

Urbanismus

5.1. Décisioun iwwer d'Ausübe vun engem Droit de préemption betreffend Terrain'en zu Mënsbech, lieu-dit Schlasswee

Nodeems de Gemengerot gesetzeskonform doriwwer deliberéiert huet, beschléisst hien eestëmmeg, säi Virkafsrecht net auszeüben zu de Präisser a Konditiounen, déi am Notifikationsdossier vum 2. Oktober 2023 vum Notaire Marc ELVINGER ernimmt sinn, betreffend de Verkaf vun Terrainen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektouren B Mënsbech, ënner de Nummern 1346/4479, 1346/4480, 1346/4481 an 1346/4482, mat enger Fläch vun 30,22 Ar.

6.

Konventiounen

6.1. Approbatioun vun engem Déngschtleeschungsvertrag fir d'Publikatioun vu Gemengenannoncen op de sozialen Netzwierker

De 25. Oktober 2023 gouf en Déngschtleeschungsvertrag tëscht dem Buergermeeschter- a Schäfferot an der S.à r.l. MARU, mat Sëtz zu L-5362 Schrässig, 2, Chemin du Moulin, ofgeschloss.

Den Zweck vum Vertrag ass et Servicer am Beräich vun de sozialen Netzwierker unzebidden, spréich Hëllef mat 16 Publikatiounen a Form vu „Post“ a „Story“ op de Facebook an Instagram Réseau'en, inklusiv déi entsprechend Publikatioun um Internetsite vun der Gemeng Schëtter

Sou huet de Gemengerot eestëmmeg decidéiert, den Déngschtleeschungsvertrag, deen de 25. Oktober 2023 ofgeschloss gouf, ze approvouieren.

7.

Gemengereglemter

7.1. Bestätegung vun engem temporären urgente Verkéiersreglement


Am Kader vum Bau vum PAP Schënnbiérg zu Mënsbech war et noutwenneg, Infrastrukturaarbechten ze maachen. De Gemengerot bestätegt eestëmmeg déi temporär Ännerung vum Gemengereglement iwwer de Verkéier an der Strooss „um Schënnbiérg“ zu Mënsbech, déi den 3. November 2023 vum Buergermeeschter a Schäfferot ugeholl gouf.

7.2. Approbatioun vun engem Verkéiersreglement

Op Basis vum Avis vum 31. Oktober 2023 vun der Kommissioun fir Transport, Verkéier an ëffentlech Sécherheet vun der Schëtter Gemeng, entscheet de Gemengerot eestëmmeg fir d'ofgeännert Basisverkéiersreglement vum 30. September 2009 ze modifizéieren.

Beim Chemin repris CR 185, rue de Beyren zu Iwwersyren kënn follgendes bäi:



ARTIKEL	BEZEICHNUNG	SITUATION	KENNZEICHNUNG
4/2/1	Parkverbued	vum Haus n° 67 bis Haus n° 75 op deenen zwou Säiten	

8.

Schrëftlech Froe vun de Conseillere

Den 28. November 2023 hunn d'Lokalparteien „Schëtter Bierger“ an „Déi Gréng“ beim Buergermeeschter a Schäfferot ugefrot, d'ROI'en (règlements d'ordre interne) vun de berodenden Kommissiounen an dem Gemengerot sou ze iwwerschaffen, datt se mat der aktueller Gesetzeslag bezüglech der Participatioun iwwer Visio-Konferenz konform sinn.

An der Äntwert huelen si zur Kenntnis, datt de Schäfferot absolut bereet ass, d'ROI'en vun de berodenden Kommissiounen ze iwwerdenken an z'adaptéieren, fir de Memberen déi verhënnert oder ofwiesend sinn, trotzdeem eng Participatioun iwwer Visio-Konferenz un hirem Gemengeliwwen beschtméiglech ze erlaben. Mee eier d'Modifikatiounen ugeholl a formaliséiert ginn, wëll de Schäfferot sech mat de Kommissioun fir Rotschléi an Diskussiounen concertéieren.

Allerdéngs ass et och wichteg ze soen, datt de Schäfferot den ROI vum Gemengerot net ännere kann, fir de Conseiller'en d'Participatioun iwwer Visio-Konferenz ze erméiglechen, well d'circulaire ministérielle n° 4213 vum 9. Januar 2023 dat ab dem 1. Abrëll 2023 explizit verbitt. Allerdéngs kann de Conseiller selbstverständlech d'Sëtzung vum Gemengerot live iwwer Videostream verfollegen. Dëst ännert och näischt un de Regeln fir de Vote duerch Procuratioun, well des bleiwen obligatoresch fir all Conseiller, dee physisch net präsent ass während engem Gemengerot.

9.

Froe vum Publikum

Keng.

D'gesamt Sëtzung vum Gemengerot Schëtter kann nogekuckt ginn op: <https://www.schëtter.lu/politique/seances-du-conseil-communal>



LU

Sëtzung vum Gemengerot 13.12.2023

Den Här Buergermeeschter Claude MARSON heescht häerzlech Wëllkomm zu der 10. a leschter Sëtzung vum Gemengerot am Joer 2023.

Den Här Buergermeeschter entschëllegt fir unzufänken d'Conseillere Jean-Marie ALTMANN, Jean-Pierre KAUFFMANN a Jules SAUBER.

Des weideren informéiert de Buergermeeschter, datt de Conseiller Jean-Marie ALTMANN seng Stëmm duerch Procuratioun un de Buergermeeschter ginn huet, de Conseiller Jean-Pierre KAUFFMANN seng Stëmm un den Här Nicolas WELSCH an de Conseiller Jules SAUBER seng Stëmm un den Här Paul THEISEN.

Doniewent ernënnert den Här Buergermeeschter Claude MARSON dorun, datt de Vote publique vun dëser Sëtzung mat him selwer ufänke wäert.

Dono informéiert den Här Buergermeeschter och iwwer d'Evenementer, déi stattfonnt hu säit der leschter Sëtzung vum Gemengerot am November:

- Den 30. November hat d'Lokalsektioun vum der Amiperas hir „Fête St. Nicolas“ am Kulturzentrum organiséiert;
- Den 1. Dezember ass de Kleeschen an d'Schoul komm. D'Evenement war e grouse Succès an e Basar gouf fir de gudden Zweck organiséiert. Dat gesammelt Geld gëtt a Form vun engem Don un d'Organisatioun „Schëtter Hëllef a.s.b.l.“ iwwerwisen;
- Den 3. Dezember war „d'Adventsfest“, organiséiert vun de „Fraen a Mammen“ a begleet vun zwee Concerten, ee vun de „Schëtter Jongbléiser“ an deen anere vun der UGDA Museksschoul;
- De Weekend vum 9. Dezember huet och d'Klengdéierenausstellung stattfonnt;
- Den 9. Dezember war och de Schëtter Maart op der Kierchplaz. An deem Kontext gouf am Schëtter Treff e Workshop fir Chrëschtdekoratioun fir Kanner organiséiert. De musikaleschen Entertainment gouf duerch e Concert vun der Jazzgrupp „Fourtissimo“ garantéiert;
- Den 9. Dezember war och den „Tik Tok Danceworkshop“, organiséiert vum „Schëtter Jugendhaus“;
- Den Owend vum 9. Dezember hunn d'Spiller vum FC Minsbech hiren Niklos-Bal am Café de la Gare organiséiert;
- Den 10. Dezember war den traditionelle „Stamminee“ an der Galerie um Schoulcampus;
- Den 10. Dezember am Nomëtteg war och de Chrëschtconcert vum „Schëtter Gesank“ an der Schëtter Kierch. Begleet goufen si vun der „Chorale Caecilia“ vu Walfer an dem Herr Guy PÜTZ, een Operesänger vu Wien;
- Den 11. Dezember waren déi éischt Versammlung vum „Naturpakt“ Team an dem „Klimapakt“ Team;
- Den 12. Dezember war d'Amiperas Chrëschtfeier am Centre Culturel.

Dono informéiert den Här Buergermeeschter iwwer déi verschidden Eventer, déi nach op eis zoukommen:

- Vum 15. bis de 17. Dezember fënnt de Chrëschtmaart op der Place de l'Église statt. Veräiner aus der Gemeng bidde Spezialitéiten an handwierklech Produiten un an déi musikalesch Begleitung gëtt duerch „d'Schëtter Jongbléiser“, „d'Schëtter Strépp“ an „d'Schëtter Musek“ garantéiert;
- Vum 16. bis de 17. Dezember gëtt och de „Fairy tale Cup“ vum Veräin „Rythmica Lux“ organiséiert;
- Den 20. Dezember ass d'Chrëschtfeier um Schëtter Treff;
- De Weekend vum 6. bis de 7. Januar 2024 organiséiert den FC Minsbech de „Syrdall Indoor Cup“ an der Sportshal;
- Den 12. Januar organiséiert d'Gemeng hiren Neijoerschpatt am Centre Culturel;
- Den 13. Januar fënnt den nächste „Schëtter Maart“ statt;
- De 14. Januar gëtt d'UGDA Auditioun ofgehalen, en Event bei deem d'Schüler aus de Museksklassen d'Méiglechkeet hunn zesumme mat hiren Enseignantent ze weisen, wat se am leschte Joer geléiert hunn;
- De 15. Januar hält d'Associatioun „Blët a.s.b.l.“ eng Konferenz iwwer d'Aktivitéiten, déi se organiséiert an den Affer, déi en Hiereschlag erlidden hunn, offréiert;
- Den 19. Januar organiséiert de „Club Syrdall“ sein „Kreativen Eck“, e Workshop, dee Leit zesummebréngt, déi clever Artikele wëlle bastelen;
- De Weekend vum 20. bis den 21. Januar organiséiert den FC Minsbech säin traditionell Müllefest am Centre Culturel;
- De Weekend vum 27. bis den 28. Januar stellen „Schëtter Theaterfrënn“ d'Stéck „Männergripp – Liefs de nach oder der stierfs de schonn“ vir.

All dës Evenementer kënnen och am Kalenner op der Websäit vun der Gemeng Schëtter nogekuckt ginn.

Zum Schluss informéiert den Här Buergermeeschter nach iwwer folgend Saachen:

- Am Kader vum 50. Anniversaire vum SIAS gëtt eng Klimakonferenz organiséiert, bei där den Diplom Meteorolog Sven PLÖGER eng Presentatioun iwwer de Klimawandel hält;
- D'Gemengeservicer hunn d'approbation ministérielle kritt fir d'Modifikatioun vum PAG „In der Acht“ an d'Prozedur ass elo ofgeschloss;
- De Buergermeeschter hat ee E-Mail-Austausch mat den Awunner vun der rue des Vergers am Kader vun der Installatioun vun engem Kanal fir d'Evakuatioun vum Ree-waasser. Dëst ass eng néideg Moosnam fir déi besteend Installatiounen an net eng Infrastruktur fir en zukünftege Lotissement;
- De Schätferot huet e Brëif un d'Ponts et Chaussées geschéckt, betreffend de geplangte Reparaturaarbechten un der Schraasseg Eisebunnsbréck, fir de Kaméidi vum Passage vun den Autoen ze behiwen. Vun der Geleeënheet gouf profitéiert nozefroen, wéi et mam historiesche Renovatiounsprojet ausgesäit;
- De Projet vum Reamenagement vun der „Schlassgewan“ ass bal fäerdeg an de Stroossebelag gëtt momentan geluecht. Eng Rei Reklamatioune koume vu verschiddenen Awunner betreffend dem Bord vum amenagéierten Trottoir, deen ze héich ass an esou Autoen a Vëlo behënnert, déi op där Plaz wëllen ofbéien. Déi verantwortlech Servicer vun der Gemeng sinn informéiert ginn an et gëtt no enger Léisung gekuckt;
- D'Installatioun vum Glasfaser vun der Post Télécommunications leeft no de Phasen, wéi se virdrun am Projet definéiert waren, och wann et ee gewëssene Retard gëtt;

- Am Kader vum „Alpaka“-Projet war et net geplangt, e Kamera-Iwwerwachungssystem ze installéieren. Dat géif virun allem en Dateschutzproblem duerstellen, well d'Schoulkanner an der Woch un Aarbechtsatelier'en um betrafene Site deelhuelen;
- Am Kader vum Reamenagement vun der Spillplaz „In der Acht“ kann de Fournisseur déi gefroten Equipementer net liwweren an de Marché public, deen him attribuéiert gouf, gëtt annulléiert;
- Den éischte SIAS-Comité huet stattfonnt an en neie Büro a President goufe gestëmmt.

Dono informéiert den Här Buergermeeschter am Numm vum excuséierte Conseiller Jean-Marie ALTMANN:

- An engem éischte Comité vum Syndicat „Minettkompost“ goufen de Budget rectificié 2023 sou wéi de Budget initial 2024 eestëmmeg ugeholl;
- D'Klimabündnis Lëtzebuerg huet dëst Joer zu Nidderaanwen stattfonnt an do sinn de Budget rectificié 2023 wéi och den initiale Budget 2024 eestëmmeg ugeholl ginn. Den Aktiounsplang 2024 gouf och virgestallt an de Klima-bündnis-Büro gesäit vir, sech mat de Schätferéit an dem „Klimatteam“ vun de verschiddene Gemengen ze treffen.
- Als Transportdelegéierten liwwert den Här ALTMANN Informatiounen iwwer eng Ännerung vun de Bus-Fuerpläng, eng Ännerung déi awer net d'RGTR- an d'CFL-Linne beaflosst, déi d'Gemeng ufueren.
- Den CIGR huet en neie Verdeelungsschlüssel fir déi geplangte finanziell Bättrég festgeluecht, an deem all Käschten op déi 5 Beneficiaire Gemengen opgedeelt an net méi no der Unzuel vun de Beneficiairë gerechent ginn, déi vun all Gemeng ugefrot goufen. D'Investitiounen, déi fir en neien IT-Projet geplangt sinn, souwéi eng nei elektronesch Séi ginn duerch Eegekapital vum CIGR finanzéiert.

Ueschléissend informéiert de Schäfte Serge EICHER iwwer:

- zwou Reunioune vum SIDOR. An där éischter Reunioun goufen de Comité an de President ernannt. An der zweeter Sitzung gouf den initiale Budget 2024 eestëmmeg ugeholl an déi nei Verbrennungstariffer goufe virgestallt, obwuel dës Tariffer keng Repercussioun op den Offall vun de Gemengen hunn.

Duerno informéiert de Schäfte Andy KISER iwwer:

- eng nei Navette, déi no der Allerhellegen-Vakanz agefouert gouf, fir d'Kanner vum Cycle 1 Precoce an d'Mëttespaus an de Pavillon Cadolto an der rue de Beyren ze bréngen.
- déi lescht Comitéssëtzung vum SICEC (syndicat intercommunal pour construction, entretien et exploitation d'un crématorium), bei där den austriedende President, den Här Tom JUNGEN, fir en neit Mandat bestätegt gouf. Während der Sitzung sinn den amendéierte Budget 2023 an den initiale Budget 2024 eestëmmeg ugeholl ginn. De Bättrag fir d'Gemenge bleift onverännert, während de Präis fir d'Krematioun eropgeet. Den Ausbau vum Krematorium mat engem zousätzlechen Zeremonieraum souwéi vergréissert Raimlechkeete fir d'Personal ass amgaang an d'Aarbechte solle bis Ufank 2025 fäerdeg sinn.
- déi lescht ordinär Generalversammlung vun der Asbl Syrdall Heem. Bei der Presentatioun vun de Konte vun 2022 goufen d'Memberen informéiert, dass d'Krankekeess (CNS) eng bedeitend Geldzomm aus de Joren 2018 an 2019 zeréckfuerdert, well verschidde Critèrë bei der Verrechnung am Kader vun de Soins à domicile net respektéiert goufen.

1.

Gemengefinanzen

1.1. Approbatioun vum Budget rectificié vum Exercice 2023

Nodeems de Budget rectificié 2023 an de Budget 2024, am Detail vum Buergermeeschter a Schätferot an der Gemengerotssëtzung vum 29. November virgestallt an d'Erklärungen an Observatioune vun alle Membere vum Gemengerot gehéiert goufen, ass de Budget rectificié vum Exercice 2023 eestëmmeg ugeholl ginn.

	SERVICE ORDINAIRE	SERVICE EXTRAORDINAIRE
Total vun de Recetten	23 456 191,59 €	2 223 904,33 €
Total vun den Depensen	17 263 546,90 €	11 737 665,84 €
Iwwerschoss fir d'Geschäftsjoer	6 192 644,69 €	
Defizit fir d'Geschäftsjoer		9 513 761,51 €
Präsuméierten Iwwerschoss Enn 2023	14 688 335,29 €	
Präsuméierten Defizit Enn 2023		
Allgemengen Iwwerschoss	20 880 979,98 €	
Allgemengen Defizit		9 513 761,51 €
Transfert ord./ extraord	- 9 513 761,51 €	+ 9 513 761,51 €
Definitiven Iwwerschoss	11 367 218,47 €	

1.2. Approbatioun vum Budget vum Exercice 2024

Op Basis vun den Avis'en vun der Finanzkommissioun an nodeems d'Stellungnam vun alle Membere vum Gemengerot gehéiert gouf, akzeptéiert de Gemengerot mat 9 Stëmmen (LSAP/DP/Schëtter Bierger) an 2 Enthaltungen (Déi Gréng) de Budget initial vum Exercice 2024.

	SERVICE ORDINAIRE	SERVICE EXTRAORDINAIRE
Total vun de Recetten	23 782 858,00 €	7 757 779,19 €
Total vun den Depensen	18 164 500,35 €	21 579 415,93 €
Iwwerschoss fir d'Geschäftsjoer	5 618 357,65 €	
Defizit fir d'Geschäftsjoer		13 821 636,74 €
Präsuméierten Iwwerschoss Enn 2023	11 367 218,47 €	
Präsuméierten Defizit Enn 2024		
Allgemengen Iwwerschoss	16 985 576,12 €	
Allgemengen Defizit		13 821 636,74 €
Transfert ord./ extraord	- 13 821 636,74 €	+ 13 821 636,74 €
Definitiven Iwwerschoss	3 163 939,38 €	



2.

Konzessiounen um Kierfecht

2.1. Approbatioun vu Konzessiouns Kontrakter um Gemengekierfecht

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, 11 Konzessiounsverträg, ënnerschriwwen vum Buergermeeschter a Schäfferot, iwwer d'Konzessioun vun engem Graf respektiv vun enger Case am Kolumbarium um Kierfecht vun an zu Schëtter unzehuelen, an dat fir eng Dauer vun 30 Joer.

3.

Infrastrukturen

3.1. Approbatioun vun engem Acte de cession betreffend een Terrain zu Iwwersiren, lieu-dit « Auf der Heck »

Duerch Decisioun vum 18. November 2020 haat de SIAS – Syndicat intercommunal à vocation multiple de Gemenge Contern, Nidderaanwen, Sandweiler a Schëtter den Terrain iwwerdreen, wou d'Klärnlag zu Iwwersiren dropsteet, souwéi den Chemin d'accès.

Ënnert dësem Punkt cédéieren d'Gemenge Contern, Nidderaanwen a Sandweiler der Gemeng Schëtter den Accès op d'Klärnlag. Sou decidéiert de Gemengerot eestëmmeg den Acte de cession à titre gratuit Nummer 789/2023, deen de 4. Dezember 2023 virum Maître Patrick Serres, Notaire mat Residenz zu Réimech ënnerschriwwen gouf, betreffend déi gratis Cessioun vu dësem Chemin d'accès am Hibeléck fir en an d'Voirie publique ze integréieren.

3.2. Approbatioun vun engem Contrat de bail betreffend Terrain'en zu Mënsbech, lieu-dit „Am Rhasselt“

Ënnert dësem Punkt entscheet de Gemengerot eestëmmeg, de Pachtvertrag, deen de 7. Dezember 2023 tëscht dem Buergermeeschter a Schäfferot an dem Här Carlo STEIL, wunnhaft zu L-5377 Uebersyren, 19, rue de la Syre, ënnerschriwwen gouf, ze approvéieren. Dëse Pachtvertrag betrëfft d'Locatioun vun zwee Terrainen, ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektiooun B vu Mënsbech, an zwar d'Parzell N°775/4265 an en Deel vun der Parzell N° 775/4266, Lieu-dit „Am Rhasselt“, mat enger geschätzter Gesamtkapazität vun 79,20 Ar.

4.

Gemengereglementer

4.1. Bestätegung vu véier temporäre Verkéiersreglementer

De Gemengerot bestätegt eestëmmeg déi temporär Ännerunge vum kommunale Verkéiersreglement:

- betreffend rue „Schlassgewan“ zu Schraasseg, de 6. Dezember 2023 vum Buergermeeschter a Schäfferot entscheet a mat Expeditioun hei ënnen drënner;
- betreffend rue Principale um Neihaischen, de 6. Dezember 2023 vum Buergermeeschter a Schäfferot entscheet a mat Expeditioun hei ënnen drënner;
- betreffend d'rue du Parc an de lieu-dit „Sauerbësch“ zu Mënsbech, de 6. Dezember 2023 vum Buergermeeschter a Schäfferot entscheet a mat Expeditioun hei ënnen drënner;
- iwwer d'Place de l'Église zu Schëtter, de 6. Dezember 2023 vum Buergermeeschter a Schäfferot entscheet a mat Expeditioun hei ënnen drënner.

5.

Schrëftlech Froe vun de Conseiller'en

Keng.

6.

Froe vum Publikum

Keng.

D'gesamt Sëtzung vum Gemengerot Schëtter kann nogekuckt ginn op: <https://www.schëtter.lu/politique/seances-du-conseil-communal>



LU

Sëtzung vum Gemengerot 31.01.2024

Den Här Buergermeeschter Claude MARSON heescht Willkomm zu der 1. Sëtzung vum Gemengerot am Joer 2024 a profitéiert vun der Geleeënheet fir jidderengem ee glécklecht an neit Joer ze wënschen.

Den Här Buergermeeschter entschëllegt de Conseiller Jules SAUBER deen dem Conseiller Serge THEIN d'Procuratioun ginn huet fir a sengem Numm ofzestëmmen.

Des Weideren deelt den Här Buergermeeschter mat, datt den éffentleche Vott an dëser Sëtzung mat der Ofstëmmung vum Här Serge EICHER ufänke wäert.

Dono informéiert den Här Buergermeeschter iwwer d'Evenementer déi zanter der leschter Gemengerotssëtzung stattfonnt hunn:

- Vum 15. bis de 17. Dezember war de Chrëschtmaart op der Kiercheplaz virun der Gemeng zu Schëtter. D'Evenement war e grouse Succès an de Buergermeeschter seet jidderengem Merci, dee bei deem gudde Verlaf bedeelegt war. Etlech Veräiner aus der Gemeng hu Spezialitéiten an Handwierksprodukter ugebueden an d'Museksgruppen „Schëtter Jongbléiser“, „Schëtter Strëpp“ a „Schëtter Musek“ hunn déi 3 Deeg begleet;
- Vum 16. bis de 17. Dezember gouf de „Fairy Tale Cup“ vum Veräin „Rythmica Lux“ organiséiert. D'Gemeng war vertrauden duerch de Sportschäffen, dem Här Serge EICHER;
- Den 20. Dezember war d'Chrëschtfeier am Schëtter Treff, en Event organiséiert vun der Kommissioun fir Famill, Drëtten Alter a sozialem Uleies;
- De Weekend vum 6. bis de 7. Januar 2024 huet den FC Mënsbech den „Syrdall Indoor Cup“ an der Sportshal organiséiert;
- Den 12. Januar hat d'Gemeng hiren Neijoerspatt am Centre Culturel ofgehalen;
- Den 13. Januar war de Schëtter Maart op der Place de l'Eglise, musikalesch encadréiert vun den Äischdall Alphornbléiser.
- De 14. Januar war d'UGDA-Auditiooun, en Event bei deem d'Schüler aus de Museksklassen d'Méiglechkeet haten, zesumme mat hiren Enseignanten ze weisen, wat si am leschte Joer geléiert hunn;
- De 15. Januar huet de Comité fir Familljen, Soziales an Drëtten Alter mat der Vereenegung „Blëtz a.s.b.l.“ eng Konferenz iwwer d'Thema Hiereschlag;
- Den 19. Januar huet de „Club Syrdall“ sein „Kreativen Eck“ organiséiert, e Workshop, dee Leit zesummebréngt, déi clever Artikelen wëlle schafen. Zwee zousätzlech Ateliere ginn de 16. Februar a 15. Mäerz organiséiert;
- De Weekend vum 20. bis den 21. Januar huet den FC Mënsbech säin traditionellt Müllefest am Centre Culturel organiséiert;
- De Weekend vum 27. bis den 28. Januar huet d'Associatioun Schëtter Theaterfrënn d'Stéck „Männergripp – Liefs de nach oder der stierfs de schonn“ virgestallt;
- Den 29. Januar hunn d'Gemengen Nidderaanwen a Mënsbech eng Informatiouns- an Austauschkonferenz mat Betriber aus den Aktivitéitszone vun deenen zwou Gemengen organiséiert. Och den Ëmweltminister Serge WILMES souwéi de Wirtschaftsminister Lex DELLES waren dobäi.

Dono huet den Här Buergermeeschter nach ee Rekapitulatif vun de verschiddenen Evenementer gemaach, déi nach ustinn:

- Den 1. Februar gëtt am Kader vun 50. Anniversaire vum SIAS eng Klimakonferenz organiséiert, bei där den däitsche Diplommeteorolog Sven PLÖGER eng Presentatioun iwwer de Klimawandel ënner dem Titel „Zieht euch warm an, es wird heiss“ mécht;
- Den 8. Februar ass d'Generalversammlung vun der Amiperas am Centre Culturel;
- Den 8. Februar fënnt déi nächst Sëtzung vum „Éischt Hëllef Cours“ statt, deen iwwer 8 Sitzungen leeft a bis den 28. Mäerz dauert;
- Den 10. Februar fënnt den nächste Schëtter Maart statt;
- De Weekend vum 10. Februar fënnt den Tournoi vum Cricket Club statt;
- De Club des Jeunes organiséiert de 17. Februar dat traditionellt Buergbrennen op der Cross Piste zu Schëtter;
- Den 18. Februar organiséiert de Badminton-Club den „Tournoi National de la Jeunesse“;
- Den 20. Februar ass den Accueil vun den élèves méritants am Centre Culturel;
- De 24. Februar organiséiert d'Elterevereinigung hire Kannerfuesbal;
- De 24. Februar fënnt eng Bamplanzaktioun statt, déi vum SIAS am Kader vu sengem 50. Anniversaire organiséiert gëtt, eng Aktioun bei där 50 Beem an der Uertschaft Gréiwemaacher geplanzt ginn;
- De Weekend vum 24. bis de 25. Februar organiséiert de „Club Syrdall“ een Zeeche Cours an der „Galerie“ um Schoulcampus.

All dës Evenementer kënnen och um Kalenner um Site vun der Schëtter Gemeng nogekuckt ginn.

Des Weideren liwwert de Buergermeeschter folgend Informatiounen:

- D'Brennholzstee geet den 31. Januar op en Enn. Well d'Holz net duergeet fir all Ufroen a fir all Demandeuren gläich Chancen ze garantéieren, mécht d'Gemeng een Tirage au sort ënner all den Demanden;
- D'rout Luucht op der Kräizung vun der aler Minsberschoul ass elo mat engem Buedemradar ausgestatt, deen och d'Präsenz vun engem Vélo virun der roudier Luucht erkennt;
- De Budget fir d'Joer 2024 gouf vum Minister ugeholl an daat ouni Korrekturen ze missen ze maachen;
- De Buergermeeschter seet all Servicer vun der Gemeng an och all deene Benevollen e grouse Merci, déi de 17. Januar an der aussergewéinlecher Situatioun vum Äisreen gehollef hunn, fir dat normal Liewen esou laang wéi méiglech an der Gemeng ze garantéieren. D'Schoul konnt de ganzen Dag een Empfang an een Accueil garantéieren an d'Gemengeverwaltung huet och funktionéiert;
- Am Kader vum Salzstreeën am Wanter funktionéiert déi nei Wiederstatioun um Neihaischen an d'Donnéeën, déi d'Sonden kréien, erméiglechen et, wann néideg, ganz präzës ze streeën. Stroossen, déi mat engem Schëld „Pas de salage“ markéiert sinn, gin och net gesalzt, mat Ausnam vun aussergewéinleche Wiedersituatiounen wéi Äisreen;
- De Bréif fir Subsidien un d'Veräiner aus der Gemeng gëtt an den nächsten Deeg verschéckt an d'Deadline fir d'Demanden online ze maachen ass dëst Joer den 9. Mäerz;
- D'Adaptatioun vum interne Reglement gëtt gemaach an d'Kommissioun kréien dat ugepasst Reglement fir Avis, ier se am Mäerz zum Vote am Gemengerot virgestallt ginn;



- De Schäfferot krut eng Äntwert op de Bréif un d’Ponts & Chaussées, am Hibleck op eng Reparaturinterventioun op der Schraasseg Eisebunnsbréck. D’Administratioun huet geäntwert, datt si a Kontakt mat der CFL wier, fir e passenden Zäitraum ze fannen, fir d’Aarbechten auszeféieren;
- Als Gemeengevertrieder beim SIAS informéiert den Här Buergermeeschter iwwer eng Comitéversammlung déi organiséiert gouf, fir de Bureau nach eng Kéier ze wielen, wéinst engem prozeduralen Feeler am éischten Tour.

Ueschléissend informéiert de Schäfte Serge EICHER iwwer:

- déi lescht Sëtzung vun der Commission de surveillance vun der Museksschoul. D’Museksschoul huet duerch gratis Coursen e wesentlechen Zoufluss vu Schüler erlieft. Gläichzäitig huet en neit Gesetz fir Museksproffen, dat am Juli 2023 erauskoum, méi streng Bestëmmungen agefouert, wat d’Sproochekenntnisser an d’Zuel vun den Aarbechtsstonne vun den Enseignantent ugeet. Dat heescht, datt déi regional Museksschoul Musekschoul Syrdall fir d’nächst Schouljoer am Moment keng nei Museksstudente méi ophuele kann. Registréiert Schüler kënnen natierlech weiderhin hir Lektione weiderféieren. Den Här EICHER fügt dobäi, datt d’UGDA sech elo ëm all Aschreiwunge këmmert, fir eng méi zentraliséiert Gestiou ze garantéieren.

Duerno informéiert de Schäfte Andy KISER iwwer:

- d’Suite am Dossier vun der Asbl SYRDALL HEEM. Hie präziséiert, datt de Schäfferot e Bréif un d’Asbl geschéckt hat, fir Informatiounen iwwer déi lescht comptes annuels, d’Protokoller vun de Generalversammlungen an de Réuniounen vum Verwaltungsrot wéi och iwwer déi virgesi Moosnamen ze kréien, fir erëm de Qualifikationsnormen vun der CNS ze entsprechen. Den Här KISER deelt mat, datt de Schäfferot eng Äntwert vun der Asbl kritt huet, déi informéiert, en Audit ze lancéieren, betreffend hir zukünfteg finanziell Viabilitéit, eng Analyse vum Émsaz, eng Verloscht/Gewënn Analyse no Aktivitéit, d’Opstellung vun engem detailléierte Budget no Aktivitéit souwéi e Plan de remboursement fir d’CNS. Am Bréif deelt d’Asbl och mat, d’Liquiditéit an den nächsten 12 Méint fir all seng Servicer garantéieren ze kënnen;
- iwwer d’Jugendhaus-Plattform, bei där den Aktivitéitsbericht fir d’Joer 2023 virgestallt gouf an och zukünfteg Aktivitéiten, déi fir 2024 geplangt sinn. Den Här KISER erënnert un den Accord, dee mam Jugendhaus ënnerschriwwen gouf an domat een zousätzleche Mataarbechter garantéiert an ënnersträicht déi gutt Zesummenaarbecht mat der Maison Relais, sief et de Projet „Alpaca“ oder déi regulär Porte Ouverte fir d’Kanner am Cycle 4. Déi nächst Porte Ouverte vum Jugendhaus ass den 13. a 15. Juni geplangt. Zum Schluss seet den Här KISER de Conseillere Nora FORGIARINI, Jean-Pierre KAUFFMANN a Serge THEIN e grouse Merci fir hirt fräiwëlleg Engagement an den d’Aktivitéiten vum Jugendhaus.

Zum Schluss informéiert de Conseiller Nico WELSCH:

- iwwer de leschte Comité vun de Syndikater SIGI a SIDEST, bei deenen déi nei Presidenten a Membere vun de Büro gestëmmt goufen.

1.

Gemengefinanzen

1.1. Präsentatioun vum Plan Pluriannuel de Financement

De Buergermeeschter a Schäfferot muss all Joer e pluriannuelle Finanzplang op mannst iwwer dräi Finanzjoer opstellen. Dëse Plang besteet aus enger Prévisionserklärung pro Finanzjoer vun de Recetten an Dépenses vun der Gemeng souwuel am ordinäre wéi extraordinalen Budgetskapittel.

De Gemengerot hëlt de Plan pluriannuel fir d’Period 2024 bis 2029 a Kenntnis, deen e Gesamtiwwerbléck iwwer Engagementer a finanziell Moyene gëtt.

Dank enger Budgetpolitik an enger gudder Gestiou vun den öffentleche Gelder geet aus dësem Finanzplang ervir, datt d’Gemeng déi néideg Finanzéierungsmoyene wäert hunn, fir déi geplangte grouss Projeten ze realiséieren, wéi zum Beispill „Neien Duerfkär Schëtter“, nei Schoulinfrastrukturen an e multifunktionelle Komplex deen de CGDIS an de Recyclingzenter zu Mënsbech zesumme regroupéiert.

1.2. Approbatioun vun enger Offer fir zwee modulär Gebaier ze kafen

Den 8. März 2022 huet de Buergermeeschter a Schäfferot zwee Mietkontrakter mat der Firma Portakabin Luxembourg fir d’Locatioun vun zwee Modulgebaier ofgeschloss.

Deen éischte Container steet aktuell bei der Petanque Piste zu Mënsbech a gëtt vum Personal vum CIGR Syrdall souwéi vum Petanque Club benotzt fir Ausrüstung ze stockéieren.

Deen anere Container steet um Schoulcampus zu Mënsbech an huet bis elo als Receptioun fir d’Grondschoul gedéngt. An Zukunft soll dës Modulkonstruktioun als provisoresch Buvette während den Aarbechten „Auf Bissemt“ zu Mënsbech agesat ginn.

Dofir decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, d’Offer fir de Kaf vun deenen zwee Modulkonstruktiounen, déi d’Firma Portakabin den 23. Januar 2024 opgestallt huet, fir de Präis vun 30.000,00 € hors TVA ze approvieren.

1.3. Aschreiwung vun engem neie Budgetsposte fir de Kaf vun zwee moduläre Gebaier

Opgrond vun der virdu genannter Decisioun a fir eng gewëssen Budgettransparenz ze garantéieren, wäert et néideg sinn, en neie Budgetartikel an den extraordinalen Budget 2024 opzehuelen.

De Gemengerot entscheet eestëmmeg, d’Aschreiwung vun dësem neie Budgetartikel 4/690/221311/24009 mat der Bezeechnung „Kaf vun zwee Modulkonstruktiounen“ mat engem Kredit vu 36.000,00 € ze approvieren.

1.4. Approbatioun vun engem Don am Kader vum Niklofest

Den 1. Dezember 2023 war d’Niklofest an der Schoul „An der Dällt“ zu Mënsbech. D’Kanner hu Saache verkaaft a 5.000,50 € gesammelt.

Doropshin huet de Schoulcomité decidéiert, den integrale gesammelte Betrag zu Gonschte vun der Asbl „Schëtter Hëllef“ ze spenden. Sou decidéiert de Gemengerot och eestëmmeg, d’Propose vum Buergermeeschter a Schäfferot unzehuelen, fir

en zousätzlechen Don vun 2.500,00 € zu Gonschte vun der Asbl „Schëtter Hëllef“ am Kader vum Niklofest ze spenden.

1.5. Approbatioun vun engem Devis fir den Ersatz vun enger Kachstatioun fir d’Produktionskichen vun der Maison Relais

De Buergermeeschter a Schäfferot deelt mat, datt d’Kachstatioun an der Produktionskichen vun der Maison Relais viru kuerzem futti gaangen ass an net méi ze reparéieren ass. Well d’Präsenz vun enger Kachstatioun essentiell ass, fir d’lessen fir d’Kanner an der Maison Relais virzebereeden, war eng dréngend Aktioun néideg fir eng nei ze kréien. Sou gouf de leschte Méindeg eng nei Kachstatioun installéiert, fir de Kanner weiderhin eng gutt Qualitéit lessen ze garantéieren. Nodeems de Gemengerot déi néideg Erklärungen dozou bruecht huet, entscheet de Gemengerot eestëmmeg, dee vum Service technique opgestallten Devis vum 26. Januar 2024 fir den Ersatz vun enger Kachstatioun (inklusive Accessoires an Installatioun) vun der Maison Relais fir ee Montant vun 45.000,00 € inkl. TVA ze approvieren.

2.

Spillplaazen

2.1. Approbatioun vun enger convention transactionnelle betreffend der Decisioun vun der Adjudicatioun vun den Installatiounsaarbechten vun Spillplazgeräter am Kader vun der Spillplaz am Quartier „An der Uecht“

De 27. Abrëll 2022 huet de Gemengerot d’Pläng an d’Devisé fir den Amenagement vun enger Spillplaz am Quartier „An der Uecht“ zu Schëtter approviiert.

Während der Ouverture vun der Ausschreiwung den 10. Februar 2023, hunn zwou Firmen eng Offer fir d’Installatiounsaarbechte vu de Spillplazgeräter ofginn. D’Firma CREATECH, déi déi wirtschaftlech gëschtegst Offer ofginn huet, krut dee betreffende Kontrakt.

Am Juli vum selwechte Joer huet d’Firma CREATECH der Gemeng allerdéngs matgedeelt, datt si d’Spillgeräter net kéinte liwweren an datt se sech gären aus dem Projet zrëckzéie géifen.

Doropshin huet d’Gemeng Schëtter der Firma CREATECH an Hand vun engem Bréif vun hirem juristesche Beroder matgedeelt, hiren Optrag missen auszeféieren, respektiv hir Grënn fir d’Kënnegung vum Optrag ze nennen.

D’Gemeng Schëtter krut eng offiziell Äntwert vun der Firma CREATECH, an där se argumentéiert, datt d’Onméiglechkeet d’Commande duerchzuführen a Wierklechkeet duerch strukturell Ännerungen, déi d’Gemeng Schëtter am Projet gemaach hätt, entstane wieren, Ännerungen déi enger irregulärer Modifikatioun vum Marché gläichkomme an d’Firma CREATECH benodeelege géifen.

D’Gemeng Schëtter hirersäits contestéiert, datt et sech ëm Modifikatiounen géif handeln, déi onregelméisseg entstanen wieren, a stellt fest, datt d’Firma CREATECH den Optrag net ëmgesat hätt.

Schlussendlech, hunn d’Parteien decidéiert, d’Commande unhand vun enger “convention transactionnelle” mam Contenu vun enger Beschreiwung vun de Faite, de commun Accord ze résiliéieren.



No dësen Explikatiounen vum Buergermeeschter a Schäfferot, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, d’convention transactionnelle ze approvieren.

3.

Infrastrukturen

3.1. Approbatioun vun engem Acte de Vente betreffend een Terrain zu Mënsbech, lieu-dit “auf dem Bissemt”

Ënnert deem Punkt decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, een Acte de Vente ze approvieren, deen den 11. Dezember 2023 tëscht der Madame Marie-Claire Molitor, vertruede vum Me Mathias Poncin als ad hoc Administrateur, an der Gemeng Schëtter ënnerschriwwen gouf.

Mat dësem Akt verkeeft d’Madame Marie-Claire Molitor der Gemeng Schëtter een Terrain, agedroen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter ënner der Nummer 344/3435, Sektions B vu Mënsbech, lieu-dit “auf der Bissemt”, mat enger Fläch vu 44,74 Ar.

Dëse Verkaf gëtt fir en öffentlechen Zweck gemaach, nämlech d’Erweiterung vun de Sportsanlagen zu Mënsbech.

3.2. Approbatioun vun enger partieller Annulatioun vun engem bail emphythéotique am Kader vun der Cessioun vun engem Terrain zu Iwwersyren, lieu-dit “Auf der Heck”

Den 13. Dezember 2023 huet de Gemengerot eng gratis Cessioun mat der Nummer 789/2023 ugehall, déi de 4. Dezember 2023 tëscht de Gemenge Contern, Nidderaanwen, Sandweiler an der Gemeng Schëtter ënnerschriwwen gouf, am Besuch op d’gratis Cessioun vun engem Terrain zu Iwwersyren, lieu-dit „auf der Heck“, agedroen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektions D vun Iwwersyren, ënner der Nummer 477/3853 a mat enger Gesamtläch vun 33,65 Ar.

Ënnert deem Punkt, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, een “acte d’annulation partielle” vun engem Bail emphythéotique, deen dem Syndikat SIDEST op deem betreffenden Terrain accordéiert gouf, ze approvieren an dëst, well d’Parzell an den Domaine public integréiert gëtt.

3.3. Decisioun iwwer de Reklassement vun engem Terrain vum Domaine privé an den Domaine public vun der Gemeng am Kader vun der Cessioun vun engem Terrain zu Iwwersyren, lieu-dit “Op der Heck”

No der Approbatioun vun “acte d’annulation partielle” vun genante Bail emphythéotique, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg fir den Terrain zu Iwwersyren, lieu-dit “auf der Heck” mat der Kadasternummer 477/3853, Sektions D vun Iwwersyren, mat enger Fläch vun 33,65 Ar, vum Domaine privé an den Domaine public vun der Gemeng ze reklasséieren an en domadder an d’Voirie publique z’integréieren.

3.4. Approbatioun vun enger servitude de passage op engem Terrain zu Schraasseg, rue de l’Orée

Ënnert dësem Punkt decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, eng servitude de passage fir en Terrain zu Schraasseg, rue de l’Orée ze acceptéieren, déi den 18. Dezember 2023 tëscht dem Buergermeeschter a Schäfferot an dem Propriétaire ënnerschriwwen gouf.

Duerch dës servitude de passage kritt d’Gemeng Schëtter eng servitude accordéiert fir eng Ofwaasserleitung ze leen op



engem Terrain zu Schraasseg, agedroen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, Sektouen C vu Schraasseg, mat der Parzellennummer 355/1860.

4.

Décompte vun Arbechten

Am Aklang mam Artikel 47 vum geännerte Gesetz vum 3. Juli 2018 iwwert d'Marchés publics, ënnerleien d'Decompten vun Arbechten dem Accord vum Gemengerot. Dofir entscheet de Gemengerot eestëmmeg déi follgend Schlussdecompte vun den Dépenses extraordinaires ze approvouéieren. Dës Decompte ginn dem administrative Compte als Justificatif bei der definitiver Kontroll duerch d'héijer Instanz bäigeluecht:

BUDGETS-ARTIKEL	BEZECHUNG	TOTAL VUM DEVIS	TOTAL VUN DEN EFFEKTIVEN DÉPENSEN
4/120/221311/16011	Sanéierung a Restauratioun vum alen Presbytère zu Schëtter	1.095.000,00 €	674.396,83 €
4/470/221200/15003	Reamenagement vun öffentleche Plazen am Parc d'Activités Syrdall *	47.000,00 €	147.333,84 €
4/531/221311/20012	Installatioun vun Photovoltaïk Panneau'en	38.000,00 €	35.191,90 €
4/612/221312/16004	Réalisatioun vu Sozialwunnéngen – rue de la Montagne zu Iwwersyren	1.775.000,00 €	1.771.542,79 €
4/621/221313/18003	Sanéierung vun öffentleche Plazen	52.000,00 €	49.425,63 €
4/0420/2132/006	Amenagement vun den Alentouren vum Centre scolaire (Alternativen Schoulhaff)	1.857.555,00 €	1.470.384,17 €

* De Buergermeeschter a Schäfferot huet dem Gemengerot erkläert, datt d'Devis, déi de Gemengerot de 15. Februar 2017, den 23. Oktober 2019 an den 30. September 2020 ugeholl hat, duerch d'Etudenaarbechte vun den Ingenieur- an Architektbureau'en iwwerschratt goufen.

5.

Schrëftlech Froe vun de Conseillere

Keng.

6.

Froe vum Publikum

Keng.

D'gesamt Sëtzung vum Gemengerot Schëtter kann nogekuckt ginn op: <https://www.schëtter.lu/politique/seances-du-conseil-communal>



LU

Sëtzung vum Gemengerot 28.02.2024

Den Här Buergermeeschter Claude MARSON heescht Wëllkomm zu der 2. Sëtzung vum Gemengerot am Joer 2024.

Den Här Buergermeeschter entschëllegt fir d'éischt d'Conseiller'en Nora FORGIARINI a Serge THEIN.

D'Madame Nora FORGIARINI huet der Madame Anne-Marie NAGEL d'Procuratioun ginn, fir an hirem Numm ofzestëmmen. Den Här Serge THEIN huet dem Här Paul THEISEN d'Procuratioun ginn, fir a séngem Numm ofzestëmmen.

Des Weideren deelt den Här Buergermeeschter mat, datt den effentleche Vott an dëser Sëtzung mat der Ofstëmmung vum Här Andy KISER ufänke wäert.

Dono informéiert den Här Buergermeeschter iwwert d'Evenementer déi zanter der leschter Gemengerotssëtzung stattfonnt hunn:

- Den 1. Februar gouf am Kader vum 50. Anniversaire vum SIAS eng Klimakonferenz organiséiert, bei där den däitsche Diplom-Meteorolog Sven PLÖGER eng Presentatioun iwwer de Klimawandel mam Titel „Zieht euch warm an, es wird heiss“ gehalten huet. D'Evenement war e grouse Succès an huet vill Leit ugezunn;
- De Weekend vum 2. bis den 3. Februar gouf d'Stéck „Männergripp – Liefs de nach oder der stierfs de schonn“ nach eng Kéier opgefouert;
- Den 8. Februar war am Centre Culturel d'Generalversammlung vun der Amiperas;
- Den 10. Februar war de leschte „Schëtter Maart“;
- De Weekend vum 10. Februar war den Tournoi vum Cricket Club an de Kategorien U11 an U13;
- De 16. Februar war eng Aktioun vum „Kreativen Eck“, bei där Wandspiller mat verschidde Materialie gemaach goufen;
- De Club des Jeunes huet de 17. Februar dat traditionellt Buergebrennen op der Cross-Piste zu Schëtter organiséiert;
- Den 18. Februar huet de Badminton-Club den „Tournoi National Grand Prix Jeunes“ organiséiert;
- Den 20. Februar war am Centre culturel d'Receptioun fir d'élèves méritants, fir déi sech 40 Schüler ageschriwwen haten. Den Owend gouf vum Grupp „Schëtter5eraus“ vun der Schëtter Harmonie musikalesch begleet;
- De 24. Februar war eng Bamplanzaktioun vum SIAS am Kader vun hirem 50. Anniversaire, eng Aktioun bei där 50 Beem an der Uertschaft Gréiwemaacher geplant goufen;
- De 24. Februar war och d'Aweigung vun der neier Crèche „Charlilly“ an der rue du Village zu Schëtter, déi e Konzept vun enger Pädagogik no bei Natur an den Déieren integréiert;
- De 24. Februar huet d'Elterevereenegung am Centre Culturel hire Kannerfuesbal organiséiert;
- De Weekend vum 24. bis de 25. Februar huet de Club Syrdall een Zeechecours an der Galerie um Schoulcampus organiséiert.

Dono mécht den Här Buergermeeschter e Rekapitulatif vun de verschidde Evenementer, déi nach ustinn:

- Den 2. März hält de Cercle avicole séng Generalversammlung an der Aler Minsber Schoul of;
- Den 3. März invitéiert d'Amiperas op hire Choucroute Dag am Centre culturel zu Mënsbech;
- De 6. März gëtt et e Film Nomëtteg am Schëtter Treff mat Kaffi a Kuch, organiséiert vun der Kommissioun fir Famill, Drëtten Alter a soziale Geleeënheeten;
- De 6. März ass och d'Generalversammlung vun der Schëtter Harmonie;
- Den 8. März gëtt den Internationale Fraendag gefeiert, bei deem d'Gemeng Schëtter e staarkt Signal setzt, andeems en ofwiesslungsräiche Programm vun Aktivitéiten an Eventer organiséiert gëtt. Um Programm steet ënner anerem d'Aweigung vun der Strooss vum neie Lotissement „PAP Schënnbiert“, déi no enger Lëtzeboier Pionéier-Feministin genannt gëtt. Den Numm vun der Strooss steet méi spéit um Ordre du jour vun dëser Sëtzung. D'Aweigung gëtt a Präsenz vun der Ministesch fir Gläichheet an Diversitéit, Madame Yuriko BACKES, souwéi a Präsenz vum Gemengerot a Verrieder vum nationale Fraerot duerchgefouert. De ganzen Dag iwwer sinn och Liesungen an Aktivitéite fir Kanner aus de Cyclen 3 a 4 geplangt, déi iwwert d'Thema Gläichberechtigung sensibiliséiere sollen. Tables Rondes, eng Filmvirstellung an e Besuch vun enger Ausstellung stinn och um Programm. Den Dag gëtt mat engem Eierwäin ofgeschloss;
- Den 9. März steet den nächsten „Schëtter Maart“ mat engem „Repair Café“ um Programm souwéi engem Workshop mat „Glitzertattoos“ fir Kanner. Déi éischt Editioun vun „Vide-Greniers“ gëtt och vun der Asbl „Digital Inclusioun“ organiséiert, fir al Laptop'en a Smartphones ze sammeln, déi d'Leit net méi brauchen;
- Den 12. März ass owes am Centre Culturel d'Projektioun vum Film „Vu Buedem, Bauzen a Biobauern“ vum Tom ALESCH. Deen Owend gëtt organiséiert vun der Landwirtschaftskommissioun, der Ëmweltkommissioun an der Kulturkommissioun;
- De 14. März hält de Vëlosclub „Hirondelle“ seng Generalversammlung am Centre culturel of;
- De 15. März fënnt an der Aler Minsber Schoul den nächsten Atelier vum „Kreativen Eck“ mam Fierwe vun Ouschtereer statt;
- De 17. März fënnt um Schoulcampus d'Bamplanzaktioun fir Neigebuerener statt;
- De Weekend vum 16. bis de 17. März organiséiert de Club „Rythmica Lux“ säi groussen Tournoi „Luxemburg Greater Region & Benelux Cup 2024“ am Centre Culturel;
- Den 21. März hält d'Schëtter Jugendhaus hir Generalversammlung am Gebai vun der Galerie um Schoulcampus of;
- Den 23. März organiséiert d'Gemeng an Zesummenaarbecht mat der Ëmweltkommissioun d'Aktioun „Grouss Botz“. Rendez-vous ass um 9.30 Auer op der Kiercheplaz. No der Aktioun kritt all Participant eng Zopp, e Patt an e kleng Kaddo;
- De 24. März gëtt eng nei Editioun vum Hobbymaart Selwer Ge „Maart“ organiséiert, dëst vun der LSAP Schëtter. 70 Kënschtler hunn d'Méiglechkeet hir eegen artistesch Wierker ze presentéieren an ze verkafen. Musek, Gedrénks an Ënnerhaltung fir Kanner wäerten och ugebuede ginn.

All dës Evenementer kënnen och um Kalenner um Site vun der Schëtter Gemeng nogekuckt ginn.



Des Weidere liwwert de Buergermeeschter follgend Informatiounen:

- Den 18. Februar gouf de Flyer fir d'ASTellen vun de Studenten an der Summervakanz um Internetsite vun der Gemeng publizéiert;
- An der „Orange Week“ vum 25. November lescht Joer, huet d'Gemeng sech solidaresch gewisen, andeems de Schoulcampus orange belicht gouf;
- Vum 1. März u gëtt e Stagiaire am Departement Urbanismus a Form vun engem „Contrat d'initiation à l'emploi (CPE)“ bei der ADEM fir d'Dauer vun engem Joer agestellt. Seng Missioun wäert et ënner anerem sinn, un der Publikatioun vun engem Guide ze schaffen, deen d'Bautereglement vun der Gemeng erkläert;
- D'Gemeng krut d'Urteil vum Verwaltungsgericht am Kader vun der Plainte vun den Nopere géint den Amenagement vun der „Maison pour Jeunes“ um Schënnbiërg. D'Gericht hat an éischter Instanz festgehalten, datt keng Decisioun vun der Gemeng geholl gouf, an dofir och en Urteil net méiglech wier. Uschléissend sinn d'Réclamant'en an Appell gaangen an d'Cour d'appel huet festgestallt, datt awer eng Decisioun geholl gouf, an dofir muss d'Gericht iwwer de Fall urteelen, deen also domadder relancéiert gëtt. De Buergermeeschter betount nach eng Kéier, datt sech fir d'Gemeng d'Fro net stelle géif, ob et sech ëm d'Locatioun vun Zëmmeren handelt oder net, well de Projet kloer als eng Gemeinschaft vu jonke Leit definéiert ass, déi iwwer eng méi laang Zäit zesumme liewen an net als eng „location de chambres à courte durée“;
- D'Gemeng krut e Bréif vu Ponts&Chaussées dee matdeelt, datt d'Bréck zu Schraasseg elo reparéiert ass, sou datt d'Placke kee Kaméidi méi maachen, wann Autoen driwwer fueren, wat och offiziell bestätegt ka ginn;
- Den Tool fir d'online Demandé vun de Subside fir Veräiner an Associatiounen funktionéiert gutt an déi éischt Demanden si schonn agereecht ginn.

Zum Schluss informéiert de Conseiller Nico WELSCH:

- vum leschten SIGI-Comité de 27. Februar, bei där d'Memberen iwwer déi aktuell Raimlechkeete vum Syndikat informéiert goufen. De SIGI lount déi aktuell Raimlechkeete mat engem Joeresloyer vun enger Millioun Euro, während de Syndikat selwer Propriétaire vun engem Gebai ass, dat mat der Zäit ze kleng ginn ass an awer net wäit ewech an der selwechter Industriezone Weiergewan zu Conter läit. Well de momentane Loyer eng bedeitend Ausgab duerstelt, wier et méi logesch, dat aalt Gebai um Terrain vum SIGI ofzerappen an en neie Komplex ze bauen, deen den aktuelle Besoinen a Standarden entsprécht. Dës Iddi gouf am Comité gutt opgeholl. D'Presentatioun vun engem Avant-projet sommaire (APS) ass fir den Hierscht 2024 geplangt. De Projet soll an der Period 2026 – 2028 duerchgefouert ginn an d'Finanzéierung géif duerch Kapitalbeiträg vun de SIGI Membergemengen erfollegen.

Des weidere gouf d'Decisioun och am Comité geholl fir 5 Aarbechtsgruppen ze grënnen, mat den Theme Finanzen, nei Technologien, nei Infrastrukturen, Mikro-Informatik, sou wéi eng Commission d'accompagnement.

1.

Urbanismus

1.1. Approbatioun vun engem Projet de modification ponctuelle vum Plan d'aménagement Général vun der Gemeng Schëtter betreffend d'Émklasséierung vun enger zone d'activité économique communale (Typ 1 -ECO-c1) an eng zone verte (zone agricole - AGR) zu Iwwersyren am lieu-dit „Fetschefeld Nord“

De Gemengerot huet mat senger Decisioun vum 23. Oktober 2023 e positiven Avis erausginn iwwer de Projet de modification ponctuelle vum Plan d'aménagement Général vun der Gemeng Schëtter betreffend d'Émklasséierung vun enger zone d'activité économique communale (Typ 1 -ECO-c1) an eng zone verte (zone agricole – AGR) zu Iwwersyren am lieu-dit „Fetschefeld Nord“ an huet de Buergermeeschter a Schäfferot chargéiert, d'Prozedur vun der Konsultatioun ze lancéieren, dëst laut den Artikelen 11 an 12 vun der loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain.

